Dat huet op där enger Säit och eppes domat ze dinn, datt mir esou laang dru gekoschtert hunn, an op där anerer Säit, datt entre-temps a steierlecher Hisiicht eppes geschitt ass, dat eisen Accordë mat deenen anere Länner eng aner Nues gëtt.

Et geet, Dir hutt et geroden a mir hu jo elo scho genuch driwwer geschwat, ëm den Informatiounsaustausch a Steiersaachen, géint dee mir eis esou laang gestrieft hunn an dee mir schliesslech, genee wéi eis Konkurrenten och, hu missen akzeptéieren.

Et ware virun allem zwee Grënn, firwat déi Verhandlunge mat Indien esou laang geschleeft hunn. Deen éischten huet domat zesummegehaang, datt Indien bis elo seng Duebelbesteierungsofkommes no engem Modell vun der UNO gestréckt huet an net no deem vun der OCDE.

Bis elo huet sech déi gréissten Demokratie vun der Welt eben éischter zu den Entwécklungslänner gezielt, iwwert déi d'Vereent Natioune jo bekanntlech d'Hand halen, an net zu den Industrienatiounen, déi sech an der OCDE zesummegeschloss hunn.

Dat wäert sech awer wuel geschwënn änneren. Am G20, där autodeklaréierter Weltregierung, déi elo kierzlech mat de sougenannte Steierparadäiser zimlech rabiat Schlittschong gefuer ass, sëtzen d'Inder op alle Fall elo schonn.

Deen zweete Grond, firwat et esou laang gedauert huet, hänkt mat deem éischten zesummen. Déi sougenannt Duebelbesteierungsofkommes dénge bekanntlech zwee Zwecker. Éischtens verhënnere si, datt Akommes an Ëmsätz, déi an engem frieme Land gemaach ginn, do an dann och nach eng Kéier an der Heemecht vum Fournisseur besteiert ginn. Deen aneren Zweck ass deen ze verhënneren, datt dat Ëmgekéiert geschitt an datt bei Revenuen aus engem anere Land iwwerhaapt keng Steiere bezuelt oder carrément gestrëppt ginn.

Et ass jo aus deem zweete Grond, datt an der Regel an den Duebelbesteierungsaccorden d'Zesummenaarbecht tëschent de Steierverwaltunge geregelt gëtt, fir déi mir Lëtzebuerger bis elo allerdéngs, wéinst eisem Bankgeheimnis, net ganz waarm waren.

Dorunner an och un den Ënnerscheeder tëschent dem UNO- a dem OCDE-Modell hu sech d'Inder gestéiert. An dofir kruten d'Verhandlungen, déi Lëtzebuerg ëmmerhi schonn 1992 ugefrot hat, och keen esou ee richtege Wach. Eréischt wéi d'Lëtzebuerger Säit sech mat enger spezieller Klausel d'accord erkläert huet, déi den Inder d'Dier fir en Informatiounsaustausch opgemaach huet, konnten d'Verhandlunge schliesslech ofgeschloss an den Accord virun engem Joer zu Nei Delhi ënnerschriwwe ginn.

Wat déi eenzel Dispositioune vun der Konventioun ubelaangt, sinn déi meescht e Kompromëss tëschent deem, wat de Modell vun der UNO, an deem, wat d'OCDE proposéiert. Nëmmen ee Beispill: Den UNO-Modell, deen drop ausgeriicht ass, déi ekonomesch manner gutt gestiwwelt Länner ze protegéieren, ass méi fir eng Besteierung am Zilland. De Modell vun der OCDE favoriséiert éischter d'Ursprongsland. Fir do d'Bir an der Mëtt duerchzeschneiden, gouf am Fall vun Indien décidéiert, datt d'Ursprongsland nëmmen héchstens 10% op den Dividenden an den Zënsrevenuen als Steieren abehale kéint an datt de Rescht dem Destinatiounsland zeguttkënnt. Nëmmen an Ausnahmefäll gëtt d'Besteierung integral am Wunnland gemaach.

Vläicht kënne mir vu Gléck soen, datt dësen Accord schonn d'lescht Joer ënnerschriwwe ginn ass, well an der Tëschenzäit ass d'politesch Stëmmung an Indien liicht ëmgeschloen. Déi rietsnational Oppositiounspartei, déi hirersäits vun 2000 bis 2004 regéiert hat, an déi nom 16. Mee, dat heescht no de Wahlen, déi am Ablack an Indien lafen, erëm un de Pouvoir komme wëllt, huet d'Steierflucht zu hirem grousse Wahlkampfthema gemaach an de Wieler versprach, déi Suen, déi hir Landsleit uechtert d'Welt an de sougenannte Steierparadäiser verstoppt hunn - et geet Rieds vu 500 bis 1.400 Milliarden Dollar -, mat alle Mëttelen erëm heemzehuelen. Zu deene Mëttele gehéiert wuel och den Informatiounsaustausch, dee mir bis elo ëmmer refuséiert haten an zu deem mir eis elo vum G20 breetschloe gelooss hunn.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Lucien Thiel *(CSV), rapporteur.-* Wuel steet och nach an dësem Accord déi Restriktioun par rapport zum OCDE-Modell, mat där eisem Bankgeheimnis Rechnung gedroe gëtt. Mä d'Inder, déi alt schonn esou hir Erfahrunge mat Offshorezentre wéi zum Beispill der Insel Mauritius gemaach hunn, hunn net labber gelooss, bis si en Zousazprotokoll zum Ofkommes duerchgedréckt haten, an deem klipp a kloer steet, datt am Fall, wou Lëtzebuerg mat engem EU-Land en Informatiounsaustausch veraccordéiere géif, dann déiselwecht Regel och fir Indien ze gëllen hätt. An anere Wierder, wa mir muer mat Frankräich oder Däitschland en Informatiounsaustausch ofmaachen, wat jo esou wäit net méi aus de Féiss läit, dann däerf och den indesche Fisk déi Informatioune vun eiser Steierverwaltung verlaangen.

An deem zimlech onfaire Spill, Här President, dat säit dem G20-Sommet zu London mat eis a mat anere Finanzplaze gespillt gëtt, ass dësen Accord domat eng Jokerkaart ginn. Schliesslech ass een, wéisou och ëmmer, laut der OCDE kee Steierparadäis méi, wann ee mat zwielef Länner en Accord iwwert den Informatiounsaustausch ofgeschloss huet. An et ass een domat aus der Schosslinn vun de Sarkozyen, Steinbrücken an anere Steierparadäisjeeër.

Et geet also duer, wa mir elo nach zéng där Accorden ofschléissen - Amerika ass jo esou gutt wéi gelaf, wann ech dat richteg verstanen hunn, Här Minister; Frankräich an Däitschland sinn an der Maach -, a schonn hätte mir et iwwerstanen. Mat wéi enge Laangzäitblessen, steet allerdéngs op engem anere Blat.

Och wann de Statsrot e bedenkleche Précédent an deem Zousazprotokoll gesäit, deen automatesch den Informatiounsaustausch fir Indien bäifléckt, wa mir elo op dee Wee och mat anere Länner ginn, mengt Är Finanzkommissioun, Här President, dat géif kaum nach bei deenen nächste Verhandlunge stéieren. Dofir proposéiert d'Kommissioun der Chamber, den Accord mat Indien inklusiv dem Zousazprotokoll ze approuvéieren.

Där Meenung ass d'CSV-Fraktioun och, an ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Thiel. D'Wuert huet déi honorabel Madame Brasseur.

Discussion générale

Mme Anne Brasseur *(DP).-* Merci, Här President. Ech wëll den Accord vun der DP-Fraktioun och zu dësem Projet de loi ginn. Ech mengen, de Rapporteur, deen huet all d'Facetten dovu beliicht, mä ech wëll awer nach eng Kéier soen, dass bei deene vun der OCDE gefuerderten zwielef Accorden et net verständlech ass, wéi se op déi Zuel vun zwielef koum. Déi ass néierens soss festgeschriwwen. Dat ass einfach en Hasard gewiescht.

Firwat hu se déi Dosen Accorden do virgeschriwwen? Ass et, well eng Partie Länner, déi verschidden anere Länner net genehm sinn, nach net dodru waren, dass se dat Spill, dat schrecklecht Spill gedriwwen hunn?

Ech gesinn elo, dass mer mat deem hei Accord da kënnen an d'Richtung goen, fir weider Accorden dann duerno ofzeschléissen, an dass mer dann déi magesch Zuel vun där Dose relativ schnell kënnen erfëllen. Mä nach eng Kéier wéi gesot, dat ass eppes, wat einfach imposéiert ginn ass, an et weess een nach net, am Numm vu wat a vu wiem.

Mä no deene Remarquen awer wëll ech den Accord vu menger Fraktioun selbstverständlech zu dësem Projet de loi ginn.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Den Här Negri hat d'Wuert nach gefrot.

M. Roger Negri *(LSAP).-* Merci, Här President. Mir ginn och den Accord zu dësem Projet de loi. Villmools Merci.

M. le Président.- Gutt, dann huet den Här Budgetsminister Luc Frieden d'Wuert.

M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget.-* Här President, dëst ass e wichtegen Accord fir d'Lëtzebuerger Ekonomie, well en eist grousst Netz vun Duebelbesteierungsofkommessen erweidert.

Duerfir mengen ech, ass den Haaptpunkt vun dësem Accord en fait, fir der Lëtzebuerger Ekonomie en général, der Lëtzebuerger Finanzplaz eng nei zousätzlech Chance ze ginn, well Indien ass eent vun deene grousse neie Länner, an deene sech enorm vill Méiglechkeete vu wirtschaftlecher Entwécklung bidden, an do ass et gutt a wichteg, datt Lëtzebuerg e Fouss an der Dier huet.

Duerfir hu mer an deene leschte Joren eng Rei Promotiounsreesen an dat Land gemaach, well mer gesinn, datt dat e Land ass mat enger enormer Populatioun, mat engem enorme Potenzial fir Entwécklung, a wa mer en Duebelbesteierungsofkommes hunn, da gëtt dat eisen Entreprisen, eiser Finanzplaz vill nei Méiglechkeeten. Mir hu gesinn, och bei enger Visite, déi ech do virun zwee Joer gemaach hunn, datt och notamment fir d'Lëtzebuerger Fongenindustrie e groussen Intérêt an deem Land ass. Dat ass déi grouss Chance, an duerfir musse mer weiderfueren, Duebelbesteierungsofkommessen ze maachen.

Ech géif gären dem Här Thiel Merci soe fir säi Rapport, géif awer am Kontext vun dem Informatiounsaustausch déi eng oder aner Remarque derbäisetzen. Mir hunn den Informatiounsaustausch op Ufro wëlles, zesumme mat anere Länner, mat deene mer a Konkurrenz sinn, an eist Duebelbesteierungsofkommes anzebauen. Dat ass den OCDE-Modell. Mir contestéieren déi Ziffer zwielef, an duerfir kann ech der Madame Brasseur soen, datt mir och méi wéi zwielef där Accordë maachen, wann dat de Standard international ass.

Duerfir akzeptéiere mir och net déi Ziffer zwielef. Et ass héchstwahrscheinlech, datt een een Accord pro Mount ka maachen an an engem Joer se duerch huet. Déi Ziffer zwielef ass eng Kéier an engem Aarbechtsgrupp vun der OCDE als e räsonnabele Chiffer ugesi ginn, fir ze évitéieren, datt e Land mat engem Land esou en Accord mécht an da seet, mir sinn OCDE-konform.

Mir wäerten eng 15 bis 20 där Accorden négociéiere mat deene Länner, wou mer en direkten ekonomeschen Intérêt hunn oder wou mer wëllen nei Méiglechkeete maachen.

Ech hunn lech d'lescht Kéier gesot, datt mer no sinn un engem Accord, dat heescht d'Prinzipien alleguerten arrêtéiert hunn, mat Amerika. Deen Accord muss an deenen nächsten Deeg ënnerschriwwe ginn.

Ech hu gëschter um Rand vum Conseil vun de Finanzministeren zu Bréissel och d'Négociatioune mat Frankräich kënne finaliséieren. Och deen Accord kann also geschwënn ënnerschriwwe ginn.

Mat Däitschland schéngt dat ganz schwiereg, voire onméiglech an direkter Zukunft ze sinn, well do eng ganz Rei zousätzlech Revendicatiounen op den Dësch kommen, déi also méi Zäit brauchen a sécherlech net kënne virun dem Oktober/November ofgeschloss ginn, sou datt mer also do mussen nach méi Zäit domat verbréngen.

Elo no dëser Chamberssitzung ënnerschreiwe mer en Accord mam Bahrain, wat eis och an der Golfregioun zousätzlech Méiglechkeete vun Entwécklung gëtt. Och dat ass wichteg fir d'Lëtzebuerger Ekonomie an d'Lëtzebuerger Finanzplaz, sou datt, wa mer déi Négociatioun intensiv an deenen nächste Wochen a Méint weiderféieren, kucken all Kéiers: Wat sinn eis richteg Intérêten, wéi formuléiere mer déi Ufro a spezifesche Fäll? - dann ass dat och eng nei Chance fir Lëtzebuerg.

Mir hu schonn zu Feira 2000 gesot - et ass also näischt, wat eréischt nom G20 komm ass: Wann och déi aner Länner den Informatiounsaustausch op Ufro maachen, da gi mir och an déi Richtung. An duerfir hu mer och gëschter am Conseil ECOFIN gesot: Wann dat den internationale Standard ass, da muss deen iwwerall ugewannt ginn, och an der Europäescher Unioun. Net méi an net manner, mä virun allem och net méi. Dat war eis Positioun gëschter, déi net déi vun der Kommissioun war.

Ech sinn awer frou, datt dësen Duebelbesteierungsofkommes och d'Zoustëmmung vun der Chamber fënnt. Wéi gesot, et ass eng Chance, an dat ass dat Wichtegst hei dobäi, datt mer mat Indien méi ekonomesch Relatiounen hunn.

Den Informatiounsaustausch op Ufro kënnt - esou, wéi den Här Rapporteur dat och erkläert huet - hei indirekt eran. Wa mer zum Beispill dee mat Frankräich ofmaachen, da kënnt deen herno iwwert d'Clause de la nation la plus favorisée och an dësen Accord eran. Dat ass awer absolut kee Problem, dat schuet net der Finanzplaz. Der Finanzplaz notzt et, datt mer en Duebelbesteierungsofkommes mat Indien hunn esou wéi aneren Industriebetriber oder Fluggesellschaften, fir déi den indesche Marché enorm Chancë bitt. Grad an der Kris gëllt et, dem Land nei Chancen ze ginn, an Duebelbesteierungsofkommesse sinn Instrumenter, fir datt mer eise Betriber méi Entwécklungsméiglechkeete ginn.

Duerfir soen ech der Chamber Merci fir déi Zoustëmmung, déi se wëllt dëser Konventioun ginn.

Merci.

M. le Président.- Merci, Här Minister. Mir kommen dann zur Ofstëmmung.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen ass ofgeschloss.

De Projet de loi 5948 ass eestëmmeg ugeholl mat 57 Jo-Stëmmen.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 5948 est adopté à l'unanimité des 58 votants.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Fabienne Gaul, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz (par M. Marcel Oberweis), Mme Martine Stein-Mergen (par M. Laurent Mosar), MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro (par Mme Lydie Err), Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider (par M. Roland Schreiner), Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Alex Bodry);

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel (par M. Carlo Wagner), Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch (par M. Fernand Etgen), MM. Charles Goerens (par Mme Anne Brasseur), Claude Meisch (par M. Eugène Berger) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. Félix Braz);

MM. Gast Gibéryen (par M. Jacques-Yves Henckes), Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp (par M. Robert Mehlen) et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen elo zur Diskussioun vum Rapport d'activité vum Médiateur. Et si bis elo ageschriwwen: den Här Weydert, d'Madame Brasseur, d'Madame Err an den Här Mehlen. D'Wuert huet elo de President vun der Kommissioun, fir eis de Rapport vun der Petitiounskommissioun ze maachen, den honorabelen Här Camille Gira.

5. 5998 - Débat d'orientation sur le rapport d'activité du Médiateur (2007-2008)

Rapport de la Commission des Pétitions

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG), rapporteur.-* Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech däerf dëse Rapport hei presentéieren am Numm vun der Petitiounskommissioun, déi sech jo an der Tëschenzäit als Ulafstell fir de Médiateur an dësem héijen Haus entwéckelt huet.

Bekanntlech gesäit d'Gesetz vum 22. August 2003 vir, dass de Médiateur all Joer e Rapport un d'Chamber reecht. Den Här Fischbach huet dat fir d'Period vum 1. Oktober 2007 bis den 30. September 2008 den 30. Oktober 2008 gemaach.

Dir wësst och, dass d'Presidentekonferenz décidéiert huet, dass éischtens d'Chamber soll all Joer sech mat deem Rapport beschäftegen, an dass u sech am Prinzip d'Petitiounskommissioun den Optrag kritt huet, fir dësen Débat d'orientation ze preparéieren.

Dir kënnt lech nach vläicht erënneren, dass mer deen Exercice eng éischte Kéier am Detail d'lescht Joer am Abrëll gemaach hunn, méi prezis den 22. Abrëll 2008. Et war kloer, do hu mer zréckgekuckt iwwert d'Ufäng vun dëser neier Institutioun. Mir hu véier Rapporten ënnert d'Lupp geholl. Ech menge kënnen ze behaapten, dass mer e

ganz gudden Débat haten, deen och relativ déif gaangen ass, och relativ breet war, a wou och eng ganz Rei positiv Konklusioune gezu si ginn.

(M. Jos Scheuer prend la Présidence)

Mir hunn awer och dunn direkt, wëll ech betounen, als Petitiounskommissioun net opgehale mat der Evaluatioun vun där Aarbecht, mä mir hu probéiert, och e Suivi ze ginn, deenen Debatten, intern an der Kommissioun. Notamment hate mer awer och de 25. Juni 2008 eng Réunioun zesumme mam Médiateur, fir eng Evaluatioun vun deenen Debatten ze maachen.

Et ass evident, dat kann ech elo scho soen, dass natierlech haut déi Diskussioun net wäert esou déif goen, net esou breet. Et ass nëmmen een Exercice vergaangen, a mir kënne jo net all Joer erëm datselwecht hei verzielen. Sou vill schrecklech Neies ass net geschitt.

Mir waren awer ganz kloer der Meenung, dass mer solle beim Prinzip bleiwen, dass mer all Joer sollen en Débat d'orientation maachen an awer kucken, wat da vum Médiateur opgeworf ginn ass, a wéi souwuel - mengen ech - d'Regierung wéi mir selwer awer och mat deenen Donnéeën ëmgaange sinn.

Ech wëll och nach eng Kéier preziséieren, dass och während dem Joer eigentlech d'Petitiounskommissioun regelméisseg sech mat der Aarbecht vum Médiateur beschäftegt, nämlech wann en nei Recommandatiounen erausgëtt. Mir kréien déi d'office vum President zougestallt. Entweder beschäftege mer eis selwer domat, wa mer mengen, mir wäre kompetent. Wann dat net de Fall ass, dann adresséiere mer dës Recommandatiounen un déi sektoriell Kommissioune respektiv hake mer no enger gewëssener Zäit no bei deene jeeweilege Regierungsmemberen, fir ze kucken, ob dann och e bësse Stullgank geschitt.

Ech mengen, elo scho kënne virop ze soen, dass an der Tëschenzäit d'Relatiounen tëschent dem Médiateur an der Chamber ganz gutt rodéiert sinn. Souwuel déi formal wéi déi informell Kontrakter fonctionnéieren exzellent. Ech mengen, dat Vertrauen ass geschaf ginn, a virun allem - dorëms geet et jo - huet een dat Gefill, dass duerch déi gutt Zesummenaarbecht eigentlech och an enger ganzer Rei Dossiere konnt eppes Positives fir d'Bierger an d'Biergerinne vum Land, an ëm déi geet et jo schlussendlech, bei där ganzer Kollaboratioun erreecht ginn.

Just e puer Zuelen, fir an d'Debatt ze werfen. An där Period, déi hei ofgedeckt gëtt, also 1. Oktober 2007 bis 30. September, sinn net manner wéi 925 Reklamatiounen erakomm, vun deenen an Tëschenzäit 722 Dossiere clôturéiert sinn, deementspriechend der nach 203 opstinn.

Nodeem mir d'lescht Joer eis mat insgesamt 28 Recommandatiounen, déi bis dohinner vum Médiateur gemaach gi waren, intensiv beschäftegt haten, huet den Här Fischbach d'lescht Joer net manner wéi néng neier och erausginn.

Ech wëll se kuerz nach eng Kéier erwähnen, fir awer och ze weisen, wéi villfälteg eigentlech d'Gebitt ass, wou Doléancen un de Médiateur erugedroe ginn a wou en awer och probéiert, nei Weeër ze weisen, dass Saache sech änneren.

D'Recommandatioun 29 handelt ëm d'Carte d'assignation vun den Demandeurs d'emploi, wou regelméisseg Problemer opgetaucht sinn. An dann, bei der Recommandatioun 30 geet ëm e Virschlag, fir eng nei Verdeelung vun de Kompetenzen am Beräich vun der Exekutioun vu Peinen, déi mat Fräiheetsentzuch verbonne sinn. D'Recommandatioun 31 geet iwwert d'Rectificatioun an den Akte vum État civil vun den Transsexuellen. Eng Recommandatioun N°32 beschäftegt sech mat der Aschreiwung vun de Leit am Registre de la population. Da war e punktuellen technesche Problem opgetaucht bei der Notifikatioun vum Congé parental consécutif op e Congé de maternité.

D'Recommandatioun 34 ass dann e ganz aneren - wéi soll ech soen? - Domän, och eng aner Envergure, do geet et ëm net manner wéi e Code de bonne conduite administrative. D'Recommandatioun 35 geet ëm eng Diskriminatioun vun den Enfants naturels par rapport zu de legitime Kanner am Kontext vu Familljenzoulagen. D'Recommandatioun 36 - ech mengen, do wëssen all déi, déi hei Gemengepolitik maachen, dass déi absolut pertinent ass - geet ëm déi ganz Problematik vun den Dierwiechteren. Mir musse kucken, dass mer do eng Kéier eng ganz seriö Diskussioun féieren, fir dass um Terrain do esou munches ännert. A schlussendlech nach d'Recommandatioun 37, do geet et ëm d'Zurverfügungstelle vun Noutlogementer vu Gemengen, wann Noutsituatioune kommen.

Déi Panoplie, wéi ech gesot hunn, weist eleng, wéi villfälteg op där enger Säit d'Doléancë vun de Bierger a Biergerinne sinn, awer och wéi villfälteg d'Tätegkeet vum Médiateur ass, weist awer och, dass et ka goe vu ganz punktuellen technesche Problemer, déi entstane sinn, well vläicht bei enger Aféierung vun neie Gesetzer, neie Prozeduren dann awer iergendwou e klengen Detail iwwersi ginn ass, wéi awer och zu méi fundamentalen Iwwerleeungen, wann ech un d'Recommandatioun 34 denken, wou et ëm e Code de bonne conduite administrative geet. Dat ass wierklech eng grondleeënd Recommandatioun, wou et dorëm geet, wéi d'Verwaltunge sollen insgesamt mat hire Clienten ëmgoen.

Mir hunn am Ufank vun den Iwwerleeunge fir dësen Débat eis gefrot: Wat solle mer dann dëst Joer diskutéieren?

Elo war et esou, dass ee ganz grousse Beräich an och eng vun de Prioritéite vum Médiateur an deem Rapport d'Arbeitsamt war. Ech mengen, dat ass keen Zoufall. Mir hunn insgesamt an och an dësem Haus an deene leschte Jore ganz vill iwwert déi Verwaltung diskutéiert. Mir waren eis eens, dass mer selbstverständlech déi zoustänneg Kommissioun ëm e Rapport pour avis géife froen. Mir waren eis awer och eens, dass et net kéint sinn, dass dësen Débat d'orientation sech exklusiv iwwert dee Sujet géif résuméieren.

Éischtens hu mir als Petitiounskommissioun net déi Kompetenz, an och ass et evident, wann de Médiateur vu Joer zu Joer probéiert, deen een oder anere Schwéierpunkt ze setzen, kann et jo och net sinn, dass mer hei eis mat engem exklusiven Thema géife beschäftegen.

Mir hunn dunn, no enger Rei Diskussiounen innerhalb vun der Kommissioun, décidéiert, eigentlech eng duebel Démarche ze maachen, op där enger Säit nieft der Commission du Travail et de l'Emploi awer och nach eng Rei aner Kommissiounen unzeschreiwen, wou awer och pertinent Sujeten a Recommandatioune vum Médiateur opgeworf gi waren - also Travail et Emploi, Affaires étrangères, Affaires intérieures, Classes moyennes, Environnement, Famille, Finances et Budget, juridique a Santé et Sécurité sociale -, fir e Rapport pour avis vun deene Kommissiounen ze kréien.

Mir hunn awer och gesot, mir maachen awer och selwer nach eng Kéier de Point zesumme mam Médiateur iwwert déi Motioun, déi mer gestëmmt haten d'lescht Joer zum Schluss vun dëser Debatt, wou eng Rei Recommandatiounen notamment erwähnt gi waren, fir ze kucken, dass do vläicht e bësse méi Drock géif gemaach ginn.

Éischte Punkt: den Apport vun deenen anere Kommissiounen. Ech ginn net an den Detail do an. Mir hunn déi integral an de Rapport integréiert. Een, deen eng Kéier wëllt noliese goen, dee fënnt am Detail, wat déi eenzel Kommissiounen do geschriwwen hunn.

Ech muss datselwecht soe wéi d'lescht Joer: All Respekt fir déi Aarbecht, déi an deenen eenzelne Kommissioune gemaach ginn ass, wou am Detail gekuckt ginn ass, éischtens, wat de Médiateur geschriwwen huet a sengem Rapport, wéi eng Recommandatiounen en erausginn huet, mä virun allem ass och e ganz flotte Suivi an eenzelne Kommissioune gemaach gi par rapport zu deenen Diskussiounen, déi an deene Jore virdru waren, an och zu deene Punkten, déi eventuell an deene Jore virdrun opgeworf gi sinn.

Ech kommen e bëssen exemplaresch vläicht bei der Ëmweltkommissioun dorop zréck, wou jo dat Joer virdrun am Rapport vum Médiateur den Ëmweltministère e bëssen - wéi soll ech soen? - schlecht ewechkomm war, wann ech dat emol esou salopp däerf soen.

Ech mengen, d'Ëmweltkommissioun huet sech zesumme mam Minister ganz vill Aarbecht gemaach a ganz vill Méi, fir do e Suivi ze ginn.

Well de Rapport pour avis vun der Commission du Travail et de l'Emploi wierklech ganz detailléiert war, hu mer doraus en extraen Document parlementaire gemaach, well et derwäert ass, deen och esou ze publizéieren. Ech ginn net nach eng Kéier an den Detail dorop an. Do ass jo an Tëschenzäit ganz villes geschitt. D'Reform vum Arbeitsamt, mengen ech, ass jo keen eidelt Wuert méi.

Bei der Commission des Affaires étrangères ass et eng Geschicht vu Kommunikatioun, wou d'Kommissioun och dem Här Fischbach seng Suerg deelt, dass ee vläicht e besseren Accueil mécht vun de Leit. Dat si Leit, déi bei eis kommen, Immigranten, déi scho Schwieregkeeten hunn, dass een do wierklech den Accueil vun de Leit besser organiséiert.

An der Intérieurskommissioun hu mer eis beschäftegt mat där Problematik, déi opgeworf ginn ass vum Här Fischbach an der Recommandatioun 32, an och do, mengen ech, kënnen all déi Leit heibannen, déi e kommunaalt politescht Mandat hunn, bestätegen, dass do Handlungsbedarf ass, déi ganz Problematik mat dem Aschreiwen oder Netaschreiwen an de Registre de la population kombinéiert mat den Zonen am Bebauungsplang. Mir hunn och do schonn eng Réunioun organiséiert gehat mam Innenminister, well mer ganz frou sinn, dass an der Tëschenzäit zwee Projets de loi eigentlech déposéiert sinn - eng Kéier den 5949 an den 5950 - iwwert déi ganz Problematik, wou mer dat Gefill hate schonn no enger éischter Sitzung, dass zumindest d'Basis geluecht ass, dass mer endlech eng Kéier déi Problematik do an de Grëff kréien.

Ech ginn net an den Detail vun deene Projets de loi, dozou kréie mer nach, oder déi nächst Chamber kritt do nach genuch Geleeënheet, dat ze maachen. Mä do geet Rieds vun engem provisoresche Register, wou Leit kënnen ageschriwwe ginn, wou d'Gemeng mengt, dass wuel eng Rei Problemer sinn, mä wou da bannent enger gewëssener Zäit d'Situatioun esou oder esou muss gekläert ginn. Ech mengen, do gesäit een, dass eppes bougéiert.

An déi zweet Problematik, déi ëmmer erëm optaucht, och bei Reklamatiounen un de Médiateur, ass natierlech dat neit Gesetz vun 2004, wou een awer och muss soen, dass ganz vill Reklamatiounen net berechtegt sinn, well Leit awer och vläicht Schwieregkeeten hunn, dat Gesetz richteg ze interpretéieren. Mä och do sinn, zum Beispill wat d'Interpretatioun iwwert d'Indemnité compensatoire ubelaangt, an Tëschenzäit jo och Saache geschitt a preziséiert ginn, notamment am Gesetz iwwert d'Promotion de l'habitat et création d'un pacte logement.

An der Commission des Classes moyennes et du Tourisme ass notamment mat Satisfaktioun festgestallt ginn, dass opgrond vum Awierke vun där Kommissioun zesumme mam Här Fischbach a mat der Petitiounskommissioun dee leidege Problem vun der Berechnung vum Loyer an de Mietwunnengen, notamment vum Fonds du logement gekläert ginn ass. Ech weess net, ob duerno schonn en Echo komm ass, ob déi Schwieregkeeten um Terrain sech definitiv geluecht hunn? Op jidde Fall huet een duerno näischt méi héieren.

An dem Département des Classes moyennes stellt een och fest, dass probéiert gëtt, wa Betriber sech wëllen nei etabléieren, dass do d'Rapiditéit, an där den Dossier beäntwert gëtt, sech wesentlech verbessert huet. Hei geet Rieds vu 17 Deeg; och wann den Délai visé siwen Deeg ass. Mä ech mengen, wann ee bannent 17 Deeg seng Äntwerten huet, dann ass dat schonn net schlecht. An notamment, mengen ech, dass awer ëmmerhin den Département des Classes moyennes eng Certificatioun ISO kritt huet, wat awer och certifiéiert, dass do Effortë gemaach ginn.

Dann d'Commission de l'Environnement; vläicht ganz kuerz awer déi dräi Sujeten opgegraff. Ech hu gesot, dass dat Joer virdrun den Här Fischbach do eng Rei Saache relativ an d'Fënster gesat hat. Ee ganz leidege Problem war dee vun den Aides financières. Eng typesch Geschicht: Eng Regierung geet hin, stëmmt nei Aidë fir Leit a gëtt sech dann awer d'Moyenen net, haaptsächlech d'Moyens de personnel, fir dass déi Aiden och kënnen an engem verstännegen Zäitraum ausbezuelt ginn.

Dir kennt déi Problematik vun Demanden, déi laang dolouchen. Mir haten awer och technesch Diskussiounen, notamment iwwer d'Fotovoltaikanlagen, déi tëschent 2001 an 2004 opgeriicht si ginn. Mir krute vum Ëmweltminister bestätegt, dass déi Dossieren an Tëschenzäit alleguerten esou oder esou evakuéiert sinn. Dat freet eis.

Mir kruten awer och gesot, dass, well all dräi Joer déi Reglementer nei gemaach gi sinn, eng 900 Leit praktesch tëschent zwee gefall waren an theoretesch keng Prime méi zegutt gehat hätten, dass do och elo en Effort gemaach ginn ass an dass déi Leit awer alleguerten hiert Geld kréien. A virun allem ware mer ganz frou, dass den Ëmweltminister eis gesot huet, dass en net manner wéi néng nei Leit konnt astellen, fir déi ganz Subsiden am Alternativenergieberäich kënnen auszebezuelen. Dat war eng gutt Noriicht fir eis.

Et geet net duer, Subsiden ze stëmmen, et geet net duer, d'Leit ze sensibiliséieren. Wann da bekannt gëtt am Land, dass dat dräi Éiwegkeeten dauert, bis ee seng Sue kritt, dann hu ganz vill Leit schonn d'Flemm, fir iwwerhaapt unzefänken. Duerfir si mer frou, dass hei awer d'Regierung sech déi néideg Moyenë gëtt, fir dat do ze maachen.

En zweete Sujet, dat ass vläicht e bësse méi e komplizéierten. Do geet et ëm d'Baugenehmegung an der Zone verte. Dat ass en Thema, wat praktesch exklusiv d'Landwirtschaft interesséiert. Do gëtt et vläicht méi schwiereg, definitiv Léisungen ze fannen.

Natierlech ass de Fait, ze jugéieren, ob elo en Aussiedlerstall en Agrëff an de Paysage, an d'Natur ass… Do bleift… Och wann den Ëmweltministère sech an Tëschenzäit eng Cellule d'évaluation ginn huet, och wann do probéiert gëtt no kloere Kritären ze schaffen, mengen ech, si mer eis eens, dass nach ëmmer e gewëssenen Arbitraire bleift.

Ech muss awer och soen, et muss awer och nach zu de Kompetenze vu Ministere géieren, dass ee selwer awer och ka jugéieren, ob dat dann elo en Agrëff an d'Natur ass oder net. Soss bräichte mer jo eigentlech keng Politiker. Wann alles kéint um Niveau vun de Fonctionnairen décidéiert ginn, da géife mer eis jo selwer iwwerflëssig maachen. Dat wëlle mer jo éischtens net, an zweetens mengen ech, dass dat och net gutt fir eis Gesellschaft wär, wa mer just nach vu Fonctionnairë géife regéiert ginn.

Een ähnleche Problem wéi am Ëmweltministère mam Personal existéiert bekannterweis zënter éiweg an der Caisse des allocations familiales. Mir krute vun der Familljekommissioun geschriwwen, dass anscheinend d'Familljeministesch 25 Posten zougestane kritt huet.

Ech weess awer net… Vläicht kann een aus der Familljekommissioun eis de leschte Stand soen. Ech hat méi schlecht Noriichten héieren, dass dat awer nach ëmmer net en place wier. Wann dat awer esou sollt sinn, da wiere mer frou, dass och hoffentlech endlech dee leidege Problem aus der Welt geschaf ginn ass.

Voilà! Dat e bëssen exemplaresch zu deem, wat d'Kommissiounen eis geschriwwen hunn, fir lech awer ze weisen, wéi konsequent hei an der Chamber de Kritike vum Médiateur, de Recommandatioune Rechnung gedroe gëtt, an dass d'Kommissiounen awer regelméisseg nohaken, wa se d'Gefill hunn, dass do wichteg Problemer sinn.

Ech wëll awer och betounen, dass op där anerer Säit vun alle Ministeren a Ministeschen awer och, mengen ech, an Tëschenzäit erkannt ginn ass, dass et eigentlech falsch ass, allergesch - wann ech emol esou däerf soen - op Recommandatioune vum Médiateur ze reagéieren, mä dass et heiansdo souguer kann eng grouss Hëllef sinn, wann een notamment zum Beispill méi Leit wëllt hunn.

Mir hu leider - muss ech soen - keng Prise de position kritt vun der Finanzkommissioun a vun der Commission juridique. Mir hunn awer ganz grousst Verständnis. Wann ee weess, wat déi zwou Kommissiounen an deene leschte puer Méint un Aarbecht hei ze bewältegen haten, dann hu mer vollt Verständnis.

Nach kuerz, ier ech zur Konklusioun kommen, de Bilan vun deene Recommandatiounen, déi mer d'lescht Joer an der Motioun notamment erwähnt haten. Och dat ass duerchweegs positiv. Bei deenen, déi transposéiert ginn, wëll ech no Récksprooch och mam Médiateur soen, dass een eng weider derbäi ka setzen, nämlech déi vun der ADEM.

D'Recommandatioun 22 ass an Tëschenzäit och erfëllt, esou dass mer der do am Ganze sechs hunn. Zwou sinn der amgaangen ëmgesat ze ginn, an 19 ass nach Aarbecht. Dat sinn emol éischtens déi néng, déi de Médiateur d'lescht Joer gemaach huet. Et ass kloer, dass do nach net iwwerall alles konnt ëmgesat ginn. Da sinn eng Rei anerer, déi wierklech net esou einfach sinn, wou dat eent oder dat anert Gesetz muss gemaach ginn.

Mir gesinn eigentlech elo kaum eng, wou eng Opposition de principe vun der Regierung do ass. Esou dass een och do sécher ka sinn, dass mer d'nächst Joer bestëmmt eng Rei Recommandatioune kënnen ofhaken.

Ech komme schonn zu de Konklusiounen, bei deenen et lech, nodeem wat ech lech bis elo gesot hunn, sécherlech net wäert iwwerraschen, dass déi duerchweegs positiv sinn; no eenzelnen Ulaf- an Ufanksschwieregkeeten, mengen ech, déi awer ganz normal waren. Wann een an d'Statsgefüge eng nei Institutioun erabréngt, dat suergt ëmmer fir Wellen. Dat suergt fir eng Rei Reiwungen am Ufank.

Mir mengen awer, dass an Tëschenzäit de Médiateur eng ganz héich Crédibilitéit bei der Populatioun huet an awer och bei deenen eenzelnen Institutiounen an dass d'Relatioune souwuel mat der Chamber selbstverständlech, mä awer och mam Exécutif ganz gutt sinn. An et huet een dat Gefill, dass mer an deene Relatiounen op enger Vitesse de croisière ukomm sinn. Mir félicitéieren dem Médiateur an all Acteuren, dass déi nei Institutioun hir Plaz fonnt huet an en neien Équiliber fonnt ginn ass tëschent deenen eenzelnen Institutiounen.

Mir félicitéieren och - an dat ass jo glafwierdeg aus dem Mond vun engem Oppositiounspolitiker - d'Regierung, dass se konsequent awer och de Recommandatioune vum Médiateur nogeet a probéiert esou séier wéi méiglech am Intérêt vun de Bierger a Biergerinnen eppes ëmzesetzen.

Mä och do mengen ech kënnen ze soen: Schlussendlech kënnt dat jo och deene responsabele Ministeren a Ministeschen zegutt. Ech mengen net, dass d'Familljeministesch en Intérêt drun huet, dass d'Leit wochelaang probéieren an d'Caisse d'allocations familiales ze telefonéieren an emol net duerchkommen. Et ass och an hirem Intérêt, dass d'Leit duerchkommen.

E klenge Bémol, dat ass déi ganz Problematik en relation mat eiser Juristerei.

Mir stellen éischtens fest, dass do vläicht deen eenzege Beräich ass, wou d'Harmonie tëschent dem Médiateur an deenen, déi concernéiert sinn, nach net esou honnertprozenteg ass. Doduerch, dass och elo d'Commission juridique ganz vill aner Aarbecht ze dinn huet, konnt se sech eigentlech och net méi intensiv mat de Recommandatiounen 21/9 a 27 beschäftegen, wou et eng Kéier ëm de Conseil supérieur de la Justice geet an awer och ëm d'Vitesse, mat där eng Rei Prozesser ofgewéckelt ginn.

Mir bedaueren dat e bëssen, wéi gesot. Et gëtt Erklärungen. Duerfir géife mer als Konklusioun awer soen, dass, wann déi nei Chamber bis constituéiert ass, déi nei Petitiounskommissioun an déi nei Commission de la Justice, da soll een awer zesumme mam Médiateur kucken, dass mer och an deem dote Beräich weiderkommen an dass déi Recommandatiounen, déi absolut pertinent sinn, zu engem gudden Ofschloss kommen.

Och dat ass wichteg fir d'Glafwierdegkeet vun engem Stat. Et geet net duer, dass d'Regierung transparent ass a gutt fonctionnéiert an d'Chamber transparent ass a gutt fonctionnéiert, och d'Relatioune vun de Bierger a Biergerinne mat de Geriichter mussen novollzéibar sinn. A keen am Lëtzebuerger Stat huet Intérêt, dass och do nëmmen dat Gefill kann opkommen, dass do eppes net transparent an net séier genuch géif virugoen. Duerfir, mengen ech, ass dat déi Konklusioun, déi mer zéien, dass déi nächst Chamber sech soll intensiv mat där Problematik do beschäftegen.

Ech wëll ofschléissend vun der Geleeënheet profitéieren, fir Merci ze soen. Merci dem Här Fischbach fir déi exzellent Zesummenaarbecht mat der Chamber insgesamt, mä speziell mat der Petitiounskommissioun.

Ech wéilt awer och vun der Geleeënheet profitéieren, well et sécherlech déi lescht Interventioun ass vun der Petitiounskommissioun an dëser Legislatur, fir als President ganz häerzlech Merci ze soen all deene Memberen aus där Kommissioun.

Et ass jo e bëssen eng speziell Situatioun, wann een aus der Oppositioun eng Présidence iwwer eng Kommissioun ze féieren huet, wou ee keng Majoritéit zu senger Verfügung huet. Ech ka confirméieren, dass souwuel am Ëmgank mat de Petitiounen, déi mir direkt kritt hu vun de Leit, wéi jo awer och mat de Recommandatioune vu Médiateure parteiiwwergräifend gutt Zesummenaarbecht existéiert huet. Mir haten nëmmen een Zil: am Intérêt vun der Bierger a Biergerinnen ze schaffen.

Eng kleng perséinlech Bemierkung: Vläicht wär et gutt, wa mer, wéi an anere Chamberen, méi oft vläicht géifen ee vun der Oppositioun President vun där enger oder anerer Kommissioun maachen. Vläicht géif do och des Öfteren dat klassescht Spill tëschent Majoritéit an Oppositioun manner zum Virschäi kommen. Dat als ofschléissend perséinlech Bemierkung.

Merci, Här President. Merci, léif Kolleeginnen a Kolleegen.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Gira. D'Wuert kritt elo den honorabelen Här Raymond Weydert. Här Weydert, wann ech gelift.

Débat

M. Raymond Weydert *(CSV)*.- Jo. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Här Minister, fir d'éischt wëll ech dem Rapporteur, dem Här Camille Gira, Merci soe fir säin ausféierleche schréftlechen a mëndleche Rapport.

Den Exercice vun haut geet op eng Initiativ zréck vun der Conférence des Présidents. Déi hat décidéiert, datt d'Chamber all Joer sechs Méint no der Veröffentlechung vum Médiateur sengem Rapport eng Orientéierungsdebatt organiséiere soll. An de Rapporteur huet schonn drop higewisen, datt dëst déi zweete Kéier ass, datt mir als Chamber esou eng Orientéierungsdebatt vum Médiateur sengem Rapport organiséieren.

Dobäi handelt et sech beim aktuelle Rapport awer mëttlerweil ëm insgesamt véier Bilanen, déi de Médiateur zënter der Schafung vun der Instanz duerch d'Gesetz vum 22. August 2003 gemaach huet. A wann ee sech dee Rapport vum Médiateur ukuckt, dann ass een ëmmer nees iwwert de Volume vun deem Dokument beandrockt, a besonnesch iwwert déi Villfalt un Themen, déi doranner behandelt ginn.

Et ass e Querschnëtt vun de Problemer a Suerge vun de Leit, déi dës un de Médiateur am Laf vun engem Joer erugedroen hunn. De Rapporteur huet d'Zuel och scho genannt: Am Joer 2007/2008 sinn et eng 925 Biergerinnen a Bierger aus dësem Land, déi sech beim Médiateur iwwer verschidde staatlech a Gemengeverwaltunge beschwéiert hunn.

Ech wëll drun erënneren, datt dem Médiateur seng Haaptaufgab net dora besteet, fir de Verwaltunge Scholdzouweisungen ze maachen oder Mësstraue géintiwwer hinnen auszedrécken, mä fir d'Relatiounen tëschent de Bierger an den eenzelne Verwaltungen ze verbesseren. De Médiateur fungéiert dobäi als neutral Vermëttlungsinstanz, déi versicht en objektive Bléck ze maachen op déi Problemfäll, déi him virgeluecht ginn, fir da schliesslech eng Léisung derfir ze fannen.

Datt dëst keng einfach Aufgab ass an ee sech dobäi permanent op engem schmuele Grad beweegt, dat schéngt méi wéi kloer ze sinn. Datt de lëtzebuergesche Médiateur, den Här Marc Fischbach, dësen héijen Erwaardunge gerecht gëtt, huet sech an de leschte Joren däitlech gewisen. Säin Engagement spigelt sech och an den detailléierte Rapporten zréck. Rapporten, déi besonnesch fir eis als Volleksvertrieder vu groussem Virdeel sinn, well si zousätzlech Elementer enthalen, déi eis et erlaben, eis en nach méi preziist Bild dovunner ze maachen, wou genee de Schong beim Bierger a sengem alldeegleche Kontakt mat de staatlechen a Gemengeninstanzen dréckt.

Well de Rapport vum Médiateur esou vill Themen ofdeckt, hat d'Petitiounskommissioun schonn d'lescht Joer décidéiert, op eng pragmatesch Léisung zréckzegräifen, andeems als Virbereedung zu dëser Debatt déi eenzel parlamentaresch Kommissiounen zu Rot gezu ginn. Esou kréie si déi Recommandatioune vum Médiateur geschéckt, déi an hir respektiv Kompetenze falen. An aus den Äntwerte vun de parlamentaresche Fachkommissioune sinn dann an der Petitiounskommissioun d'Schlussfolgerunge gezu ginn.

Här President, ech wëll mech net zu all Recommandatioun äusseren, déi de Médiateur a sengem Rapport un d'Adress vu bestëmmten Administratioune gemaach huet. Éischtens gouf dat scho vun deenen eenzelne parlamentaresche Kommissioune gemaach, an zweetens géif dat och de Kader vun dëser Debatt sprengen.

Allgemeng gesi léisst sech och feststellen, datt schonn eng ganz Rëtsch Recommandatiounen, déi de Médiateur gemaach huet, mëttlerweil vun der Regierung ëmgesat goufen oder ëmgesat wäerte ginn. Ech wëll mech duerfir nëmme mat deem engen oder anere Kritikpunkt an zwou vun deenen neie Recommandatioune vum Médiateur befaassen, wuelwëssend, datt d'lescht Joer schonn déi 28 éischt Recommandatioune vum aktuelle Rapport diskutéiert gi sinn.

Als Éischt géif ech gär op d'Recommandatioun N°29 vum Médiateur agoen. Dës Recommandatioun betrëfft d'ADEM, a méi genee de System vun den Assignatiounen. De Médiateur kritiséiert an deem Kontext, datt et net richteg vun der ADEM wär, fir am Fall, wou een Aarbechtslosen net op seng Assignatioun reagéiert huet, direkt säi Chômagegeld ze blockéieren.

De Médiateur ass nämlech der Meenung, datt een eng Netäntwert op eng Assignatioun net direkt mat enger Aarbechtsverweigerung gläichstelle kënnt. Dat huet d'ADEM nämlech gemaach, an doriwwer hu sech eng Rei Leit beim Médiateur beschwéiert an als Erklärung uginn, datt d'Assignatioun ni bei hinnen doheem ukomm wär, obwuel si déi Kéiere virdrun ëmmer drop reagéiert hunn.

Fir an Zukunft ähnlech Situatiounen ze verhënneren, hat de Médiateur dem Aarbechtsminister virgeschloen, datt d'ADEM d'Prozedur vun den Assignatiounen ännere soll, andeems d'Assignatioun an engem zouene Bréif per Recommandé an Avis de réception vun der Post verschéckt gëtt a gläichzäiteg eng Kopie vun der Assignatioun a Form vun engem einfache Bréif un den Destinataire geschéckt gëtt.

An enger éischter Stellungnahm hat den Aarbechtsminister der Recommandatioun vum Médiateur nach net Rechnung gedroen, well e sech der Meenung vun der ADEM-Direktioun ugeschloss hat, déi fonnt huet, datt den aktuelle System genuch Garantië géif liwweren, fir datt d'Assignatioun och bei engem Demandeur d'emploi doheem ukéim. Mëttlerweil huet den Aarbechtsminister awer de Virschlag vum Médiateur, fir d'Assignatioun gläichzäiteg zweemol ze verschécken, an de Gesetzesprojet zur Reform vun der ADEM mat agebaut an an engems décidéiert, fir de System vun den Assignatioune lues awer sécher ofzebauen.

Iwwerhaapt iwwerhëlt dee Gesetzesprojet, deen de 27. Mäerz vun der Regierung ugeholl gouf an nach an der Chamber déposéiert wäert ginn, eng ganz Rei vu Virschléi, déi de Médiateur schonn d'lescht Joer der ADEM gemaach hat. Esou wäert déi geplangte Reform dem Aarbechtsamt weider Moyenë ginn, fir en individuellen Encadrement vun den Aarbechtslosen ze erméiglechen.

Doriwwer eraus ass am Gesetzesprojet virgesinn, datt zum Beispill all déi Persounen, déi um Aarbechtsmaart direkt mat den Aarbechtslosen an de Patronen zesummeschaffen, alleguerten an engem eenzege Service regruppéiert ginn. An da sollen niewent de bestehende lokalen Agencë vum Aarbechtsamt nach weider Agencen um regionalen Niveau geschaf ginn. Ausserdem wäert innerhalb vun der Aarbechtsverwaltung eng Schlichtungsstell geschaf ginn, fir datt méiglech Konflikter tëschent de Verwaltungen an den Demandeurs d'emploi kënne geléist ginn.

D'Reform gesäit och vir, datt, wéi ech dat scho virdrun erwähnt hunn, d'Praxis vun den Assignatioune progressiv ofgeschaf wäert ginn, fir enger méi staark personaliséierter Vermëttlung Plaz ze maachen.

Déi nei Beschäftegungsagence wäert schliesslech och méi finanziell Moyenë kréien, déi et erlabe wäerten, fir méi Personal a virun allem méi Placeuren anzestellen. Placeuren, déi an Zukunft eng verbessert an eng un de spezifesche Besoinë vun der Aarbechtsvermëttlung orientéiert Ausbildung kréie wäerten.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, Dir gesitt also, datt sech am Dossier Aarbechtsvermëttlung villes gedoen huet respektiv sech nach villes wäert doen. Jo, et gëtt nach eng Rei Problemer bei der ADEM, mä wéi ech dat schonn elo grad exposéiert hunn, sinn déi mëttlerweil behuewen oder si wäerte mam neie Gesetz iwwert d'Reform vun der ADEM behuewe ginn.

Ausserdeem soll op dëser Plaz och emol eng Kéier drop higewise ginn, datt et evident ass, datt grad d'ADEM eng vun deene Verwaltungen ass, wou relativ vill Plaintë beim Médiateur um Dësch landen, well et éischtens dausende vu Leit sinn, déi all Dag mat der Verwaltung a Kontakt stinn, an zweetens d'ADEM grad eng Verwaltung ass, déi sech mat engem ganz delikate soziale Phenomeen, deen de Chômage nun eemol ass, auserneesetze muss.

Et handelt sech also ëm eng Aufgab, bei där ganz vill Fangerspëtzegefill gefrot ass. Wat net ëmmer evident ass, besonnesch wann ee bedenkt, mat wat fir enge Situatiounen d'Mataarbechter vun der ADEM all Dag konfrontéiert sinn. Dës Aufgabe ginn awer haut schonn, wéi de Médiateur a sengem Rapport och ausdrécklech schreift, vun den ADEMs-Mataarbechter mat ganz vill perséinlechem Engagement gemaach a wäerten an Zukunft duerch dat neit Gesetz an déi doranner enthale verstäerkten Ausbildung vum Personal nach besser kënne gemaach ginn. Dovunner sinn ech jiddefalls iwwerzeegt.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, an enger Noutsituatioun befanne sech awer net nëmmen déijéineg, déi hir Aarbechtsplaz verluer hunn, mä och déijéineg, déi duerch en trageschen Tëschefall den Daach iwwert dem Kapp verluer hunn. An den Här Rapporteur huet och schonn dorop higewisen, d'Recommandatioun N°37 vum Médiateur, wou sech mat der Schafung vun Noutënnerkunften an de Gemengen auserneegesat gëtt.

Am Joer 2007/2008 hunn nämlech eng Rei Leit, déi hir Wunneng verluer hunn a sech dowéinst an enger onbequemer Noutsituatioun befannen, sech beim Médiateur beschwéiert, datt si an de Gemengen, wou si wunnen, keng Noutënnerkunft zur Verfügung gestallt kréien.

Datt et sech hei fir déi betraffe Persounen ëm eng besonnesch dramatesch a penibel Liewenssituatioun handelt, schéngt jiddweren engem anzeliichten. Datt verschidde Gemengen hiren Awunner an esou enger Situatioun awer net weiderhëllefe kënnen, steet engem modernen a räiche Stat wéi Lëtzebuerg sécherlech net gutt zu Gesiicht. Dofir appeléiert de Médiateur a sengem Rapport un d'Regierung, fir um Niveau vun de Gemenge respektiv um interkommunale Plang d'Schafung vun Noutënnerkunften ze förderen.

Gläichzäiteg geet vum Médiateur awer och den Appel un d'Gemengen, fir sech genuch Noutënnerkunften zouzeleeën, fir datt si deene Leit, déi sech an enger Noutsituatioun befannen, op d'mannst fir eng Iwwergankszäit eng würdeg Ersatzwunneng mat engem minimale Komfort kënnen zur Verfügung stellen.

An deem Kontext sief drun erënnert, datt net méi spéit wéi dës Woch nees eng Famill am Éislek zu Uewerwampech haart vum Schicksal getraff ginn ass, wéi hiert Haus komplett ofgebrannt ass.

Et handelt sech beim Médiateur senger Recommandatioun sécherlech ëm eenzel Fäll, mä déi si vu besonnescher Dramatik. Déi betraffe Leit erwaarde sech vun hirer Gemeng zu Recht Hëllef.

Datt awer net all kleng Gemeng e puer Noutwunnenge ka virweisen, huet och eppes mat hirer Gréisst an hire finanzielle Mëttelen ze dinn. Duerfir soll am Kader vun der Territorialreform gekuckt ginn, wann d'Gemengelandschafte reforméiert ginn, fir do dat am Bléck ze halen.

Här President, ier ech zum Schluss vu menger Interventioun kommen, wollt ech nach kuerz op e puer Kritikpunkte vum Médiateur senger Säit agoen, déi schonn d'lescht Joer opgeworf gi sinn.

Esou gouf de Médiateur 2007/2008 ënner anerem och mat Reklamatioune befaasst, déi d'Gemengeprozedur vun de PAGen duerch déi betraffe Ministërë betreffen. Sou hu sech eng sëlleche Leit iwwert déi laangwiereg a schwiereg Approbatiounsprozedur beklot. Kritiséiert gouf virun allem, datt et net kloer wier, wéini datt den Ëmweltministère bei enger PAG-Prozedur ëm Rot gefrot misst ginn a wéini net. Doduerjer sinn d'Prozeduren, déi u sech schonn an de Gemengen ugeholl gi sinn, nees eng Kéier blockéiert ginn.

D'Haaptkritik adresséiert sech also virun allem un de Kommunikatiounsdefizit, deen tëschent dem Innen- an Ëmweltministère besteet. An och wann dës Kritik vun de Verantwortleche vum Ëmweltministère relativéiert gëtt, sou sief awer drop higewisen, datt aus dem Médiateur sengem Rapport kloer ervirgeet, datt déi parlamentaresch Ëmweltkommissioun därselwechter Meenung ass, datt déi aktuell Genehmegungsprozedur ze schwéierfälleg ass.

Fir dës Situatioun ze verbesseren, gëtt virgeschloen, datt d'Gesetz vläicht méi kloer formuléiert muss ginn, wéini den Ëmweltminister bei der Genehmegungsprozedur vun engem PAG vum Innenminister kann agéschalt ginn. D'Ëmweltkommissioun begréisst dowéinst den Dépôt vum Gesetzesprojet, deen den Aménagement communal vum 19. Juli 2004 ännere wäert an domadder fir eng méi kloer a vereinfacht Genehmegungsprozedur suerge muss.

Als Gemengeverantwortleche kann ech mech där Recommandatioun vum Médiateur a vun der parlamentarescher Kommissioun nëmmen uschléissen, well et fir d'Entwécklung vun de Gemengen an domadder vum Land vu gréisster Bedeitung ass, datt déi allgemeng Bebauungspläng esou séier wéi méiglech fäerdeg ginn.

Här President, onbedéngt ofgeschloss gi muss dann a mengen Aen awer och en aneren Dossier, op deen de Médiateur a sengem Rapport och hiweist an dee mir als Buergermeeschter vun der Gemeng Nidderaanwen besonnesch um Häerz läit, nämlech den Dossier vum Fligeraccident vum 6. November 2002.

Och an dësem Fall huet de Médiateur sech beschwéiert, datt den Dossier esou laang schleefe gelooss géif. Esou insistéiert de Médiateur dann och a sengem Rapport dodrop, datt d'Instruktioun vun deem Dossier definitiv méi séier iwwert d'Bühn goe soll, fir dat dann, am Sënn vun de Famillje vun den Affer, an de beschten Délaien ofzeschléissen.

Leider muss ee feststellen, datt sech an deem Dossier bis dato nach net allze vill gedoen huet, sou datt et héich Zäit gëtt, fir endlech Neel mat Käpp ze maachen.

Där Zort Neel wäerten awer par contre bei der Caisse nationale des allocations familiales gemaach ginn. De Rapporteur huet schonn dodrop higewisen, datt do d'Haaptkritik vu Säite vum Médiateur déi ass, datt do ni een op den Tëlefon géif goen an d'Leit wéinst chroneschem Personalmangel gezwonge sinn, fir sech während de Bürosstonnen op de Siège vun der Keess ze déplacéieren, wou si dann déi eng oder aner Stonn waarde mussen.

Et ass kloer, datt dat net esou geet an dat och net esou ka virugoen. E Mënsch, deen eng Fro un eng Verwaltung huet, muss déi anescht kënne stellen a beäntwert kréien, wéi doduerch, datt e bei e Beamten an de Büro fiert.

De Problem ass bekannt a sollt deemnächst enger Léisung zougefouert ginn. D'Kannergeldkeess brauch méi Leit, a si soll se och kréien.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, et stellt ee fest, datt dem Médiateur seng Aarbecht mëttlerweil an deene verschiddenste politesche Beräicher jo schonn eng ganz Rei Steng an d'Rulle bruecht huet, mä datt awer gläichzäiteg nach eng ganz Rei vu Recommandatioune vum Médiateur net vun den zoustännegen Instanze berücksichtegt ginn.

Et bleift also nach eng ganz Stéck Iwwerzeegungsaarbecht vum Médiateur senger Säit hier ze leeschten, an dach ass hie fir vill Bierger an eng sëllechen Administratiounen zu enger Ulafstell ginn, wou si sech hiwenden, fir konkret Schwieregkeeten am Ëmgank mateneen aus der Welt ze schafen.

Nach gëtt net op alles gelauschtert, wat hie seet, an dach schonn op villes méi, wéi dat virun der Existenz vum Médiateur de Fall war. Ech, fir mäin Deel, wëll dem Médiateur, dem Här Marc Fischbach, mat senge Mataarbechter Merci soe fir déi Aarbecht, déi si an deene leschte Jore geleescht hunn, an hinnen un d'Häerz leeën: Fuert esou weider!

Merci.

M. le Président.- Merci, Här Weydert. Déi nächst Riednerin ass d'Madame Brasseur. Madame Brasseur, Dir hutt d'Wuert.

Mme Anne Brasseur *(DP)*.- Här President, Dir Dammen, Dir Hären, dëst ass den zweeten Débat, dee mer féieren hei an der Chamber iwwert de Rapport vum Médiateur. Wann ech drun denken, wéi beim éischte Rapport d'Opreegung grouss war, a wann ee kuckt, wéi schwiereg d'Verhältnis tëschent verschiddene Ministeren an dem Médiateur war säit der Kreatioun vun der Institutioun vum Médiateur, da muss ee soen, dass sech munches geännert huet, a Gott sei Dank geännert huet, a wierklech munches verbessert huet.

D'Institutioun vum Médiateur ass jo am Ufank mat Skepsis gekuckt ginn: Wat soll dat ginn? Mä ech mengen, de But dovun ass jo, dass de Bierger vis-à-vis vun der Verwaltung net eleng gelooss gëtt. De Verwaltungsapparat gëtt ëmmer méi komplizéiert, well de Stat och ëmmer méi Missiounen erfëllt, well mer eng Reglementatioun hunn, déi ëmmer méi komplizéiert gëtt, an déi, déi tëschent déi Rieder geroden als Bierger, déi wësse weder aus nach an. Dofir ass et gutt, dass eng Plaz geschaf ginn ass, wou de Bierger sech ka wenden, fir ze kucken, dass säin Dossier deblockéiert gëtt.

Am Ufank war d'Opreegung grouss, an de Rapporteur huet elo grad gesot, et wieren allergesch Reaktioune gewiescht. Ech ka mech erënneren, dass de Minister vum Logement, dat Mannst, wat ee ka soen: „He was not amused", fir d'Kinnigin vun England ze zitéieren, well hien huet et als Atteinte personnelle emfonnt, well Reklamatiounen do ware wéinst der Fixatioun vum Loyer, wou d'Bierger sech benodeelegt fonnt hunn.

An ech ka mech erënneren un eng Sitzung, déi mer haten, fir deen Dossier ze deblockéieren. Dat war eng Sitzung, déi war och net flott fir d'Deputéierten. Et war wierklech bal esou, wéi wa mer do géife verschidde Leit accuséieren, an dat Eenzegt, wat mir wollten, dat ass, dass déi Instrumenter, déi mer hunn, applizéiert ginn, an dass deene Leit, éischtens, nogelauschtert gëtt - well mir haten d'Impressioun, dass dat net ëmmer de Fall war -, an dass, zweetens, eng Léisung fir d'Leit fonnt gëtt. Säithier huet Gott sei Dank dat Ganzt sech calméiert.

Et ass och an de Medien elo anescht opgefaasst. Ech ka mech erënneren, déi éischt Deklaratioune vum Médiateur ware mediatesch enorm grouss opgezunn. An et ass mir e bësse virkomm, wéi wann de Médiateur eng aner Zort vun Nol op de Kapp wier, wou eng ganz Partie Problemer opgeworf gi sinn a wou da gesot ginn ass, deemno, Affaire à suivre!

Entre-temps gesäit een awer un der Evolutioun och vun deene Rapporte vu Joer zu Joer, dass d'Situatioun sech wierklech verbessert huet an dass dat Ganzt méi strukturéiert ginn ass an dass mer elo op eng Vitesse de croisière komm sinn.

D'Ministeren hunn och zum Deel hir Hausaufgabe gemaach, wann och nach net ganz. D'Chiffere vun 2008 soen ons, dass et 925 Reklamatioune gi sinn. Do sinn der 203 nach net ofgeschloss. Verständlech kann dat sinn, well et si verschidden Dossieren äusserst komplizéiert, mä dat sinn ëmmerhin 22%, déi net konnten ofgeschloss ginn.

Vun deene 722 ofgeschlossenen Dossiere konnten 200 eng komplett Léisung fannen, dat sinn 31%. Dat heescht also, dass mer do um gudde Wee sinn, dass awer Dossiere kënne positiv ofgeschloss ginn.

Eleng déi Zuele weisen, dass d'Institutioun vum Médiateur méi wéi justifiéiert ass. Mir haten d'lescht Joer ons mat verschiddene Punkte méi laang auserneegesat. Dat war mam Minister vum Logement wéinst den Aiden, wéinst den Délaie vun den Äntwerten, an dat huet sech effektiv verbessert.

Beim Ministère de l'Environnement war et a bleift et d'Bauen an enger Gréngzon. Mäi Virriedner ass jo méi am Detail dorop agaangen, sou dass ech dat net muss maachen.

Et ass awer wichteg, dass d'Leit wëssen, wa se den Dossier eraginn, wou se dru sinn, ob den Dossier komplett ass, a wéi verfuer gëtt, net dass een d'Gefill huet, dass et wierklech à la tête du client geet.

Beim Ministère du Travail war d'Kritik jo wierklech à l'adresse vun der ADEM ganz grouss, an do war den Aarbechtsminister, den Här Biltgen, och deemools ganz opgereegt. Mä d'ADEM, endlech beweegt sech eppes, a mir sinn nach net um Enn vum Tunnel. Besonnesch, wann ee leider muss feststellen, dass d'Zuel elo vun de Chômeuren an d'Luucht geet, an déi musse jo awer adequat Äntwerte bei der Administration de l'emploi kréien.

Dann de Ministre des Classes moyennes, do ware jo enorm Retarden, wat d'Handelsermächtegungen ubelaangt. Am Rapport steet, dass 2.000 Appels téléphoniques den Dag do eragaang sinn. Wann ech dat awer liesen, da stëmmt eppes net an där ganzer Struktur, well wa Bierger esou vill musse reklaméieren, da gesäit een, dass au départ schonn eppes falsch ass.

Dann ass et net de Standard téléphonique eleng, deen d'Léisung ka bréngen, mä et muss am Virfeld eng Léisung bruecht ginn. An och bei dem Erdeele vun den Handelsermächtegungen huet zum Gléck dat sech verbessert. Besonnesch jo elo an de Krisenzäite musse mer derfir suergen, dass een, dee sech nach wëllt etabléieren, dat esou séier wéi méiglech ka maachen.

An da bei der Justice, déi Lenteuren, och mäi Virriedner huet déi hei ugeschwat. Dat ass eppes, wou mer mussen zesumme mat de Geriichter kucken, wéi dat ass, quitte d'Onofhängegkeet vun de Geriichter. Mir sollen als Pouvoir, weder den Exécutif nach de Législateur sollen do interféréieren, mä mir mussen awer kucken, dass fir de Justiciable en Délai raisonnable do erauskënnt.

Vun de Recommandatioune vum Médiateur sinn der 19 nach net transposéiert ginn, sou dass déi nächst Regierung eng ganz Rei vun Aufgaben nach ze maachen huet. Ech wëll der just erausgräifen. Dat ass d'Recommandatioun 21 iwwert d'Schafung vun engem Conseil supérieur de la Justice. Ech hoffen, dass déi nächst Regierung dat awer ugeet.

Dann d'Recommandatioun 24 iwwert d'Kannergeldkeess, déi wierklech iwwerfuerdert ass mat Demanden. An et ass ee Minister hei, dee Rapport, dee mer maachen, wennt sech jo net direkt un d'Regierung. Et sinn d'Recommandatiounen un d'Regierung. Mä vläicht well et de Minister vun der Fonction publique ass, kann en ons awer eng Äntwert ginn, ob dann déi Kannergeldkeess elo de Renforcement vum Personal kritt oder net. Well et ware jo, wéi de Rapporteur dat ervirgestrach huet a senger Interventioun, Zweifel opkomm. Dat muss awer onbedéngt geschéien, dee Renforcement, well soss d'Leit net d'Méiglechkeet hunn, iwwerhaapt telefonesch un déi Administratioun ze kommen, fir de Problem vum Kannergeld ze léisen. An dat si just déi Leit, déi op Kannergeld ugewise sinn. Vläicht kann de Minister vun der Fonction publique der Chamber doriwwer Opschloss ginn.

Dann ass et d'Recommandatioun 34 iwwert de Code de bonne conduite vun den Administratiounen. Dat ass eng gutt Recommandatioun vum Médiateur. Do si jo och Pisten opgezeechent ginn. Et ass awer net esou einfach, déi ëmzesetzen, däers sinn ech mer bewosst.

Ech wollt soen, dass mer an der Stad Lëtzebuerg amgaang sinn, eng Charte interne och auszeschaffe fir eis Mataarbechter. Dat muss een och mat de Mataarbechter maachen. Well wann dat net vun deene gedroe gëtt, dann huet dat Ganzt wierklech kee Sënn. Et soll am Intérêt si vum Bierger, et soll am Intérêt si vun de Clienten, vun den Administratiounen. De Bierger, dee muss wéi e Client vun der Administratioun och behandelt ginn, an ech wär frou ze héieren, ob et Viraarbechte scho gëtt fir dee Code de bonne conduite. Dat wollt ech nach als Remarque maachen zu deene Recommandatiounen, déi net transposéiert sinn.

Ech wollt och hei, Här President, eng Propositioun widderhuele vun der Demokratescher Partei. Mir sinn der Meenung, dass mer missten d'Institutioun vum Médiateur schafe fir onst Schoulwiesen.

An de Schoule gëtt et ganz vill Problemer. Et gëtt ganz vill Litigen. Et gëtt zwar Instanzen. Leider gëtt et och an Zukunft keen Direkter an der Primärschoul, well dat net esou festgehale ginn ass am Gesetz, wat mir bedaueren. Et gëtt och den Inspekter, an dem Postprimaire gëtt et Direkteren, mä et gëtt Litigen tëschent Schüler, Enseignanten, tëschent Elteren.

An der Schoul, do kommen Tensiounen op. D'Leit, déi wëllen net onbedéngt direkt domat an d'Schoul goen, well se mengen, dat kréich dann eng Répercussioun fir hir Kanner. Dat kënnt och heiansdo vir, an dofir wier et gutt, wann e Médiateursposte géif geschaf ginn, extra fir Schoulfroen. Dat ass eppes, wat enorm wichteg ass. Well et si ganz vill Leit, déi fille sech och do, trotz all deene Stellen, déi et gëtt, déi fille sech do eleng gelooss.

Wat de Rôle vum Médiateur ubelaangt, sou ass et och wichteg, dass mer an de Gemenge Prozeduren hunn, wéi de Bierger seng Reklamatioune ka virbréngen. An do huet d'Stad Lëtzebuerg säit dräi Joer e System ageféiert, wou all Bierger kann all dënschdes moies tëschent aacht an néng bei de Schäfferot kommen, bei e Member vum Schäfferot, ouni virdrun ugemellt ze sinn, ouni en extrat Uleies ze hunn, ouni dass muss en Dossier preparéiert ginn, an da gëtt e gehéiert, an da gëtt no sengem Uleies gekuckt. Dat ka si fir en Trottoir ze begradegen oder et kënne méi komplex Problemer sinn, Problemer, déi se mat der Administratioun hunn, esou dass an der Stad Lëtzebuerg de ganze Schäfferot d'Fonctioun vum Médiateur iwwerhëlt, an ech ginn dovun aus, dass dat an anere Gemengen och ähnlech ass.

Zum Ofschloss, Här President, wollt ech soen, dass mer als Demokratesch Partei mat Satisfaktioun, wéi déi aner Parteien och, feststellen, dass enorm Progrësë gemaach gi sinn. Dat ass zréckzeféieren op déi exzellent Aarbecht vum Médiateur mat senge Collaborateuren. Ech wëll och dem President vun der Kommissioun a Rapporteur vun dësem Rapport, dem Camille Gira, e ganz grousse Merci soe fir déi gutt Aarbecht, déi mer an der Kommissioun hunn.

Et war hei eng Regel, dass de President vun der Petitiounskommissioun ee vun der Opposition war. Et ass elo den Här Gira. Et war d'Madame Err. Ech war et och emol. An ech mengen, dat ass och gutt esou, an do solle mer, iwwert d'Parteigrenzen eraus, Léisunge fannen am Intérêt vum Bierger, well et ass schliesslech fir de Bierger wou mer all zesummen hei sinn.

Ech soen lech villmools Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Madame Brasseur. Déi nächst Riednerin ass d'Madame Err. Madame Err, Dir hutt d'Wuert.

Mme Lydie Err *(LSAP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, loosst mech direkt am Ufank Mercië lass ginn, déi ech heiansdo vergiessen, wann ech mer se zum Schluss loossen: un de Médiateur fir d'éischt, un eise President vun der Kommissioun, un d'Sekretariat vun der Kommissioun an un d'Kolleegen.

Ech kann dat nëmme bestätegen, an dat, mengen ech, confirméiert dat, wat eise President an och d'Madame Brasseur, dat heescht d'Oppositiounsvertrieder, hei gesot hunn, dass an där Kommissioun do absolut net ofgestëmmt gëtt an net diskutéiert gëtt no Parteiinteressen, mä no deem, wat jiddwer Member fir sech fënnt dass de virrangegen Intérêt vum Bierger ass. Ech denken, dass dat gutt ass.

Vun do bis ze soen, dass d'Oppositioun misst nach méi Kommissioune presidéieren, ass eng aner Saach. Dat kënnt eventuell och ze vill des Gudde ginn, Här Gira.

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG)*.- Waart emol bis den 8. Juni, Madame Err.

Mme Lydie Err *(LSAP)*.- Mir hu jo schonn zwou Kommissiounen, an ech denken, dass déi sech particulièrement gutt prêtéieren. De Wieler décidéiert dat sécherlech méi wéi mir, gell. Mä mir hunn zwou Kommissiounen, déi vun Oppositiounspolitiker presidéiert ginn, an zwar net nëmmen d'Petitiounskommissioun, mä och d'Exécution-budgétaires-Kommissioun, an ech mengen, dass dat zwou ganz wichteg Kommissioune sinn, wou de Contrôle parlementaire essenziell ass.

Et gëtt eng drëtt, wou en essenziell wier, mä déi mer leider net hunn, obschonn ech dat ëmmer erëm reklaméiert hunn. Mir bräichten an eisem Parlament, wéi an all normalem Parlament, wat sech respektéiert, eng Kommissioun vun de Mënscherechter. Esou eng Kommissioun misst och, mengen ech, vun engem Oppositiounspolitiker presidéiert ginn, einfach fir no bausse parteipolitesch Neutralitéit ze demonstréieren, déi een an esou Froe wéi an deenen an der Petitiounskommissioun natierlech muss praktizéieren.

De Médiateur a säi Bericht si wichteg ginn am Oflaf vun eisen demokrateschen Institutiounen, an ech sinn ee vun deenen, déi sech ganz besonnesch doriwwer freeën, well ech mer abilden, dass de Médiateur zréckgeet op eng Initiativ, eng Gesetzesinitiativ vu mir, déi zwar net war, fir e Médiateur anzeféieren, mä fir en Ombudsmann.

An där leschter Debatt hunn ech hei probéiert ze weisen, dass dat, wat d'Regierung wollt, effektiv eppes aneschters war, mä dass am Laf vun der Zäit d'Fonctioune vum Médiateur, dee sech leider vun Ufank un Ombudsmann genannt huet, awer sech esou entwéckelt hunn, dass hien haut säin Titel, säi selwer ginnen Titel eigentlech mat Recht dréit, well hien entre-temps aner Kompetenze kritt huet, déi sech an den Aktivitéitsberäich vun engem Ombudsmann nom skandinavesche Modell erabréngen. Dat weist, dass et net ëmmer nëmmen dat ass, wat um Pabeier steet, wat eng Fonctioun ausmécht, dass d'Fonctioune sech mat der Zäit a mat der Praxis entwéckelen, an ech denken, dass dat gutt esou ass.

Ier ech et vergiessen, dat riskéieren ech nämlech och, wann ech et wëll zum Schluss halen, zwou Remarquen zu deem, wat d'Madame Brasseur fir d'DP hei gesot huet. Éischtens mengt si, oder mengt d'DP, et wier gutt, an der Schoul och e Médiateur anzeféieren, fir de Leit ze hëllefen, hir Konflikter, hir Onrouen, hiren Informatiounsbedarf opzefëllen zwëschent den Elteren, dem Schoulpersonal an de Kanner.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Ech ginn hir sécherlech Recht, wa se seet, do wier e Besoin fir esou eng Plaz, fir de Leit ze hëllefen, an deem Dschungel, deen heiansdo an de Formalitéiten, an de Reglementer an esou weider ass, de Wee ze fan-

nen. Ech denken awer, dass et an där Fonctioun do e Moyen gëtt, dee vill besser misst si wéi eng nei Fonctioun schafen, déi vun engem Schoulmédiateur: d'Schoulmédiatioun zum Flichtfach an de Schoulen ze maachen.

D'Schoulmédiatioun, dat heescht virun allem net nëmme fir den Elteren ze hëllefen, mä virun allem fir d'Kanner vu klengem un dorun ze winnen, wéi se solle mat Konflikter ëmgoen - déi natierlech am deegleche Liewen, an zwar net nëmme vun de Kanner, mä och vun Erwuessenen ëmmer erëm virkommen -, fir op eng friddlech an eng dezent Aart a Weis un déi Problemer erunzegoen, amplaz, wéi et leider oft de Fall ass, einfach fir de léiwe Fridden déi Onzefriddenheeten oder Problemer ënnert den Teppech ze kieren, mat dem Risiko, se eventuell méi grouss erëmkommen ze gesinn.

Dofir denken ech, dass den Ustouss, den Denkustouss vun der DP scho richteg ass. Ech wëll awer hei en nom personnel soen - well mir hunn natierlech iwwer esou Saachen net diskutéiert -, dass et a mengen Aen an der Schoul net onbedéngt ëm de Médiateur geet, mä virun allem ëm d'Schoulmédiatioun, wou d'Kanner mat agebonne wieren.

M. le Président.- Madame Err, erlaabt Der eng Tëschefro vun der Madame Brasseur?

Mme Lydie Err *(LSAP)*.- Gären.

Mme Anne Brasseur *(DP)*.- Ech si frou, dass d'Madame Err dat opgegraff huet. Si seet, si géif hei an hirem perséinlechen Numm schwätzen, well si hätten an der Partei net driwwer geschwat. Ech wollt just der Madame Err soen, dass déi viregt Regierung an engem Projet de loi d'Schafe vun der Institutioun vun engem Médiateur an de Schoulen hat, an dass dës Regierung ënner enger LSAP-Ministerin och dat zréckgezunn huet, dee Projet de loi, an och net an deenen neie Projets de loi ersat huet, esou dass ech dovun ausginn, dass d'LSAP am Ganzen, an d'CSV dann och net mat der Schafung dovun d'accord ass. Mä ech hoffen, dass déi nei Regierung déi Iddi awer nach eng Kéier opgräift.

M. le Président.- Wéi war dann Är Fro, Madame Brasseur?

Mme Lydie Err *(LSAP)*.- Uff, ech leie richteg, Här President.

(Interruptions)

M. le Président.- Här Scheuer, hutt Dir eng Fro? Et ass net fir elo Commentairen hei ze maachen, et ass un der Madame Err, fir hei hir Iddi...

M. Jos Scheuer *(LSAP)*.- Här President, ech wollt just…

M. le Président.- Neen, also, ech mengen, Här Scheuer, d'Madame Err kann dat och. Si äntwert der Madame Brasseur elo.

M. Jos Scheuer *(LSAP)*.- Ech wollt just froen, ob net gewosst ass, datt am Gesetz iwwert den Enseignement fondamental d'Funktioun vum Médiateur drasteet?

M. le Président.- Dat ass eng Fro, dat do.

Mme Lydie Err *(LSAP)*.- Ech denken och...

M. le Président.- U wien adresséiert se sech, Här Scheuer?

Mme Lydie Err *(LSAP)*.- Un d'Schoulministesch, an déi ass net hei. Ech mengen, da fuere mer weider, Här President.

M. le Président.- Très bien. Dir hutt ganz Recht, Madame Err, fuert roueg weider!

Mme Lydie Err *(LSAP)*.- Ofgesinn dovunner ass et evident, dass d'Médiatioun als Instrument an de Schoule scho villfach existéiert, an dass et dofir am Fong net onbedéngt muss an engem Gesetz stoen. Et ass am Fong eng Form vun „bonnes pratiques", déi all Gemenge kënnt interesséieren, déi hiert Schoulwiese wëlle méi demokratesch, méi ugepasst un d'Gegebenheete vun eiser Gesellschaft bréngen.

D'Opportunitéit vun der Debatt, an engem Moment wéi dësen hei, wollt ech ee Moment kuerz uschielen. Et ass kloer, dass e Rapport annuel nëmmen dann e Sënn mécht, wann en öffentlech diskutéiert gëtt. Dat ass iwwerhaapt keng Fro. D'Fro ass iwwert d'Opportunitéit, a mengen Aen, fir zu dësem Moment, dat heescht e puer Woche virun de Wahlen, e Bericht ze kommentéieren an am Fong - normalerweis mécht een dat jiddefalls - eng Virausschau op dat nächst Joer ze maachen.

Dobäi ass jiddwer Eenzelnen, deen haut hei steet, net sécher, ob e mat der Entwécklung vun der Institutioun oder mam Rapport d'actitivé vum Médiateur nach eng Kéier gefuerdert ass op dëser Tribün Stellung ze huelen. Dofir einfach vläicht eng Suggestioun oder eng Fro an de Raum gestallt, ob een dee Moment, wou de Rapport vum Médiateur an d'Virwahlperiod fält, net sollt probéieren, d'Diskussioun vun deem Rapport wéinstens uganks des Joers ze maachen, fir dass d'Leit, déi zum Rapport schwätzen, net d'Impressioun hunn, si géifen am Fong hei just elo eng Stilübung maachen.

Zwou Remarquen oder dräi nach, ier ech zu de Recommandatioune vum Médiateur selwer kommen: Mir haten an der Institutiounskommissioun Diskussiounen, ob de Médiateur soll en tant que tel an d'Verfassung ageschriwwe ginn, gradesou wéi ob de Conseil supérieur de la Magistrature och soll do agedroe ginn.

Op déi éischt Fro hu mer geäntwert ganz am Ufank vun der Legislatur, dat heescht, wou mer am Fong nach net wossten, wat aus der Institutioun géif ginn. A mir si leider, obscho mer eréischt virun engem Mount definitiv déi Diskussiounen iwwert d'Verfassungsreform ofgeschloss hunn, net méi op déi Fro zréckkomm, well do ware mer schonn e ganzt Stéck méi gescheit wéi dee Moment, wou mer fir d'éischt driwwer diskutéiert hunn.

Duerfir ass et och elo schwiereg, eng Motivatioun ze ginn. Ech mengen net, dass an der Institutiounskommissioun, wéi se bis elo existéiert huet, eng prinzipiell Oppositioun op deem Punkt bestanen hätt. Mä et ass just gesot ginn, d'Iwwerleeung war déi: Loosse mer emol kucken, wat draus gëtt, an da fanne mer och, an dat ass manner evident, d'Plaz, wou mer de Médiateur kéinten an eis Institutiounen eraschreiwen, an och d'Manéier, wéi.

Bon, ech denken, dass dat Partie remise ass, well wéi Der alleguerten entre-temps wësst, ass eng global Verfassungsreform vun der Institutiounskommissioun ënnert der Presidentschaft vum Paul-Henri Meyers ausgeschafft ginn, déi elo am Fong hire Wee eréischt ufänkt. Ech denken, dass bestëmmt am Laf vun den Avisen, déi dozou komme wäerten an der nächster Zäit, déi Fro erëm aktuell gëtt, an dat, wat elo nach net drasteet, ka sécherlech nach drakommen.

Eng aner Diskussioun war déi vum Conseil supérieur de la Magistrature. Do ass et manner evident, ob e soll an d'Verfassung, mä kloer ass et op jiddwer Fall, firwat mir et net dra proposéiert hunn: Well mer kee Gesetz driwwer hunn. An do si mer am Fong bei engem e bësselche méi wonne Punkt, an ech kommen dann direkt op de Fong vum Rapporteur, vum Médiateur sengem Bericht.

Mir hunn déi Recommandatioun iwwert de Conseil de la Magistrature d'lescht Joer schonn diskutéiert. Eigentlech war, souwäit wéi ech mech erënneren, an ech hunn déi Debatte vum leschte Joer eng Kéier kuerz iwwerflunn, kee Mënsch a keng Partei hei am Haus dergéint. Et gëtt wuel Divergenzen, wie soll doranner kommen, wien déi Leit, déi Membere soll nennen, wat genau d'Fonctiounen, d'Mandater, etc. solle sinn. Iwwert de Prinzip a sech ass awer allerdéngs keng Diskussioun.

An do, Här President, hu mir alleguerten an der Kommissioun am Fong net dat gemaach, wat mer d'lescht Joer an enger Resolutioun an der Chamber hei bei dërselwechter Geleeënheet proposéiert hunn. Mir hunn nämlech eppes proposéiert, wat menger Meenung no immens wichteg wier, och fir d'Opwäertung vum Parlament, an zwar hu mer gesot, mir hätte gären, wëssend, dass d'Regierung amgaang ass sech Gedanken iwwert dee Conseil de la Magistrature ze maachen, eng Debatt an der Chamber, wou all Parteie kéinten am Detail hir Virstellungen an d'Explikatioune vun hire Virstellungen, firwat se et esou an net aneschters wëllen, sollen an enger grousser Debatt öffentlech hei virleeën, fir dass d'Regierung herno weess, op wat fir ee Wee se soll goen.

Elo kann ee soen, dat ass net onbedéngt noutwendeg, well wann de Regierungsprojet den Deputéierten net passt, dann hu se jo nach ëmmer d'Geleeënheet, iwwer Amendementer hir Vuen ze probéieren duerchzesetzen. Ech denken awer, dass dat heiten e Problem ass, deen esou wichteg ass, well et ee vun eisen Haaptpouvoiren am Stat betrëfft, dass ee sollt probéieren e méiglechst grousse Konsens ze schafen. An zwar vun Ufank un, amplaz et herno iwwert de Wee vun den Amendementer op jiddwer Fall no baussen ausgesinn ze loossen, wéi wann do e Kompetenzgerangel wier zwëschent der Regierung an dem Parlament.

Op esou wichtege Froen, denken ech, huet esou eng Oppositioun kee Sënn, esou dass ech géif dorobber zréckkommen an da mäi Wonsch un déi nächst Chamber riichten, dee Virsaz, dee mir eis d'lescht Joer geholl hunn an dee mer am Fong elo net gepackt hunn - ech denken och, dass duerch d'Kris e ganze Koup Aarbechten, déi mer eis virgeholl haten, zweetrangeg gi sinn, mä ech denken, dass et fir esou eng wichteg Fro net ze spéit ass -, dass dat soll nogeholl ginn, dass d'Chamber soll, an all Fraktioun an all Partei an all eenzelne Member an deem neien Haus dann hir Meenung soen, fir dass d'Regierung ka probéieren e méiglechst grousse Konsens vun Ufank un ze fannen.

Da kommen ech awer zréck op eng Remarque vum Médiateur, déi mer particulièrement pertinent schéngt. Déi steet op der Säit 94 an ass nach ëmmer zum Conseil de la Magistrature. Do seet de Médiateur: Wa fir Ursaachen, déi him selwer net aliichten - mir iwwregens och net -, de Ministère vun der Justice dee Conseil net wëllt weiderbréngen, an ech liesen elo, amplaz en op Lëtzebuergesch ze iwwersetzen: «Le médiateur estime qu'il serait pour le moins indiqué de prévoir des modalités de recrutement des magistrats sur base de critères autrement plus transparents et plus pertinents que ceux du système actuel.»

Ech denken, dass dat e wichtege Punkt ass. An ech denken emol net, dass een dofir muss e Gesetz maachen. Wann de Médiateur vun haut, dee fréier selwer Justizminister war, dat heite seet, da weess hie méi wéi mir, dass et noutwendeg ass an dass et evident ass, dass et net duergeet, dass d'Magistraten a virun allem d'Leit vum Parquet no objektive Kritäre genannt ginn, mä dass d'Objektivitéit vun deene Kritären och dobausse muss novollzéibar sinn. An dat war bis elo, Här Minister, fir déi, déi net direkt domat befaasst sinn, ni de Fall.

Wann ee bei de Magistraten a bei deene vun der Magistrature assise à peu près konnt novollzéien, dass et Kompetenzkritäre waren an och Alterskritären, dat heescht Anciennetéitskritären, déi zesummekomm sinn, esou war dat bei de Leit vum Parquet net de Fall. A wann een als Jurist oder och als Netjurist d'Relatioune vum Parquet mam Justizminister weess, dann ass et noutwendeg fir eng Demokratie, fir dat Versteesdemech no baussen ze vermëttelen, dass och d'Nominatioun vu Leit vum Parquet, besonnesch de Procureur général an de Procureur d'État, muss kënnen dobaussen novollzéibar sinn.

Ech denken, dass dat eng Urgence ass, déi näischt mam Gesetz ze dinn huet an déi en attendant, well deen transitoirë Regime, an deem mer dra si bis mer de Conseil hunn, riskéiert mat allem gudde Wëllen nach eng Zäitchen ze daueren. Et ass eng grouss Urgence, an ech géif duerfir deen heitegen an deen nächste Justizminister vun hei aus wierklech opfuerderen, dëser méi wéi berechtegter Recommandatioun provisorescher Natur - en attendant de Conseil - vum Médiateur stattzeginn.

Ech wollt dann nach op e puer Recommandatiounen zréckkommen, déi de Médiateur gemaach huet, an als éischte wollt ech den „Guide des bonnes pratiques" uschwätzen. Ech freeë mech, dass net nëmmen d'Fonctioun, déi ginn ass, déi ech eigentlech wollt aféieren, déi vun engem Ombudsmann par rapport zum Médiateur, mä och, dass déi Suggestioun, déi ech d'lescht Joer op dëser Tribün gemaach hunn, net an daf Ouere gefall ass, an dass, nodeem déi Suggestioun bis um Dësch louch, mir dëst Joer e ganzen „Code des bonnes pratiques" virleien hunn.

Ech denken, dass dat eng grouss Aarbecht ass. Dem Médiateur muss ee Merci soe fir déi Aarbecht, déi eigentlech net zu de primären Tâchë gehéiert, déi d'Gesetz him assignéiert huet, déi ouni Zweifel awer utile ass, mä wou vläicht Froe sech stellen, déi misste gekläert ginn, wéi: Wat ass d'Natur vun deem Dokument? Do ass sécherlech dee Minister, deen hei ass, un éischter Plaz interesséiert eis Opklärung ze ginn.

Wéi ass et mat der Base légale a wat gedenkt d'Regierung mat där wichteger Aarbecht vum Médiateur op dësem Punkt ze maachen? Well et ass jo kloer, dass iergendwou dat doten eng reglementär Aarbecht ass. Et kënnt souguer op eng legislativ Aarbecht eraus, jee nodeem wat fir ee Charakter dee Code duerno soll kréien.

Dee Code kéint natierlech och an e Gesetz afléissen, an dee Moment hätte mer am Fong institutionell e ganz wichtege Moment doduerjer, dass et dee Moment kloer wier, dass déi Initiative législative, déi ech a mengem Text dran hat, an déi am Text vun der Regierung net iwwerholl ginn ass, an der Praxis sech awer entwéckelt huet, esou dass ech mech am Fong bestätegt fille mat deene Virstellungen, déi ech hat, ier mer d'Gesetz haten. Well och wann d'Gesetz meng Propositiounen net iwwerholl huet, esou schéngt et esou ze sinn, dass an der Praxis sech dat dach esou entwéckelt, wéi ech dat proposéiert hat. Duerfir, Här Minister, wier ech lech dankbar fir eng Ébauche vun enger Äntwert op déi Fro.

Eng zweet Recommandatioun, op déi ech wollt kuerz agoen, ass déi vun den Experten. Et ass eng vun deene Propositioune vum Médiateur, déi net esou gutt ukomm ass, weder an der Kommissioun nach bei den Autorités judiciaires, an trotzdeem huet se munches fir sech. Et kënnt een eventuell awer och déi Iddi do zréckbehalen a se aneschters awéckelen.

Ech erlabe mer, an dat passéiert engem, wann een an den Alter kënnt, sech heiansdo selwer ze zitéieren, dass ech virun engem Joer gesot hat… Ech probéieren et op e Minimum ze reduzéieren, Här President.

M. le Président.- Fuert emol duer, Madame Err!

Mme Lydie Err *(LSAP)*.- Mir hunn e Problem mat Expertisen a mat Auditen am Land. Mir sinn e klengt Land, an dann, wa mer en Audit externe maachen, hu mer ganz oft Leit aus dem Ausland, oder wéi och ëmmer ass et net kloer, dass déi Leit, déi chargéiert ginn, prezis vun engem Minister, fir ee Gesetz ze evaluéieren, wéi et mat där hirer Impartialité totale ass par rapport zum Optraggeber vun engem Expert donné. Dat ass an der Praxis esou.

Ech wëll domadder kengem eppes ënnerschubsen. Ech wëll just nach eng Kéier ee vu menge Parteikolleegen zitéieren, deen awer haut net méi hei am Haus sëtzt, mä deen et selwer misst wëssen. Hien huet ëmmer gesot: „So mir, wien en Expert chargéiert a bezilt, an ech soen dir, wat erauskënnt."

Dat ass net gutt, net, wann et ëm d'Evaluatioun vu Gesetzer oder vu Praxisse geet. Et ass och net gutt, wann een Experten um Geriicht huet, déi ëmmer déiselwecht sinn, déi sech net erneieren, deenen hir Kompetenzen net geleeëntlech evaluéiert ginn.

Duerfir wollt ech nach eng Kéier zréckkommen op eng Iddi, déi ech schonn eng Kéier hei exposéiert hat an engem anere Kader, an zwar déi vun enger Cellule d'évaluation um Stat. Wa mer eng kleng Cellule d'évaluation hätte mat Leit, déi op verschiddene Punkte kéinten Expert si fir Auditen, Evaluatioune vu Gesetzer, vu Praxissen, fir Calculen oder wat och ëmmer, dann hätte mer Leit mat engem feste Statut, déi kengem musse gefalen, fir déi nächst Kéier nach eng Aarbecht ze kréien, an déi op déi Aart a Weis sécherlech och censéiert wieren, hiert Bescht ze ginn, hiert bescht Wëssen ze ginn, ouni dass se e Risiko hunn, fir en nächsten Optrag ze kréien.

Och dat, mengen ech, schéngt mer eppes ze sinn, wat wichteg ass, well mer brauchen, och, wa mer d'Experten net all am Land hunn, déi mer brauchen, sécherlech e Basisstack vun Experten, net nëmmen um Geriicht, mä och fir eis Administratiounen a Législatiounen. Ech denken, dass et derwäert wär, besonnesch an dësen Zäiten nei Aarbechtsplazen ze schafen, andeem mer géife probéieren, Neel mat Käpp ze maachen a Saachen ze maachen, déi fir villes kéinte gutt sinn.

D'Dierwiechterkäschten - ech kann de Médiateur net méi wéi ënnerstëtze bei deem, wat e seet. Et ass inakzeptabel, dass fir kleng Créancen Exekutiounskäschte vun Dierwiechtere gemaach ginn, déi méi héich si wéi den Enjeu vun deene Suen, déi sollen agedriwwe ginn. Dat ass absolut net ze diskutéieren um Prinzip.

Wann de Médiateur awer elo ënner anerem d'Defiskalisatioun vun de Frais d'expertise vun den Dierwiechtere proposéiert, da mag dat zwar richteg sinn, mä menger Meenung no geréit et net déi richteg Leit, well déi, déi am meeschten ënnert den Dierwiechterkäschte leiden, dat sinn déi Leit, déi keng

Steiere bezuelen, an déi hätten am Fong vun esou enger Mesure näischt.

Ech froe mech, Här Minister, a leider musst Der déi Fro sécherlech un Äre Kolleeg vun der Justiz oder Ären zukünftege Kolleeg vun der zukünfteger Regierung weiderginn, fir ze froen, ob een den Indépendantstatus vun den Dierwiechteren onbedéngt muss bäibehalen.

Ech weess, dass mir an engem Aarbechtsgrupp an der LSAP, fir de Wahlprogramm auszeschaffen, vill Leit haten - an do waren derbäi: Juriste vun alle Kategorien, Fonctionnairen, Riichteren, Leit vum Parquet, Affekoten, Deputéierten, etc. -, déi der Meenung waren, dat wär e Beruff, deen een eigentlech kéint och sech ënner enger anerer Form virstellen, wéi iwwregens och dee vum Notaire. Ech denken, dass dat eng Iwwerleeung ass, déi ee kéint weiderspannen.

En nächste Punkt, deen ech wollt uschwätzen, ass dee vun de private Failliten. Et ass an enkem Zesummenhang ze gesi mat den Insolvabilitéiten an de Frais d'exécution vun den Dierwiechteren. Ëmmer méi Leit geroden, besonnesch a Krisenzäiten, a finanziell Schwieregkeeten, well se iwwerschëllt sinn a well se sech virun deene ville Créancieren, déi se hunn, net méi kënnen erwieren.

Ech weess, dass e Projet iwwert de Surendettement a privat Failliten ënnerwee ass. Ech wär frou, wa mer eis géifen druginn, dee Projet esou schnell wéi méiglech duerch d'Chamber ze kréien, well domadder besonnesch an dësen Zäite verschiddene Leit kéint gehollef ginn, aus enger schrecklecher Patsch erauszekommen.

D'Kannergeldkeess ass ugeschwat ginn. Ech wëll duerfir kee Wuert méi dozou soen.

D'Logements d'urgence, mengen ech, si bis de Moment nach schlecht ewechkomm bei där Diskussioun. Ee Wuert, an ech schwätzen do sécherlech och am Intérêt vun alle Responsabelen an de Gemengen, déi responsabel si fir d'Sozialpolitik an Hëllef fir déi Leit, déi finanziell Schwieregkeeten hunn: Et kann net sinn, dass an engem Land wéi deem heiten et u Plaze feelt, wou Leit kënnen d'urgence provisoresch a kuerzfristeg ënnerbruecht ginn, wa se, aus wat fir engen Ursaache vun Insolvabilitéit och ëmmer, aus hirer Wunneng erausgesat ginn.

Dir wësst - an de President vum Syvicol, dee weess et an duebeler Qualitéit -, wéi schnell et op eemol ka goen, wann een de Loyer net méi ka bezuelen, dass ee seng Miwwelen eng Kéier, wann ee vun de Kommissiounen erëmkënnt, um Trottoir erëmfënnt an dann net méi weess, wou ee mat senger Famill soll higoen.

Et kann net sinn, dass et zu Lëtzebuerg do keng Plaze gëtt, wou déi Leit provisoresch vun de Gemengen, temporär wéi gesot, och kënnen ënnerbruecht ginn.

Ech wëll dann nach e leschte Punkt uschwätzen, an zwar dee vun de Prisongen. D'Prisongspolitik ass eng Politik, déi net nëmme mir, mä der LSAP als Partei ganz um Häerz läit.

Ech erënnere just dorun, dass den aktuelle Regime zréckgeet op de Robert Krieps an dass de Médiateur e wichtege Punkt ugeschwat huet, andeem e proposéiert, e Juge de l'application des peines ze maachen. Ech ka mech, an och den Aarbechtsgrupp aus der LSAP ka sech där Meenung uschléissen.

Mir sinn eis net eens iwwer all déi Detailer, déi de Médiateur proposéiert, mä och hei gëtt et eng Urgence, wou ech frou wär, dass et géif weidergoen a schnell an d'Praxis kéint ëmgesat ginn, dass Disziplinarprozeduren, déi während der Exekutioun vun enger Prisongsstrof kommen, e kontradiktoresche Charakter musse kréien. Wann dat bis agefouert ass, da si mer net méi presséiert, fir déi aner Prozeduren direkt mat ze regléieren, mä et kann net sinn, dass een, dee condamnéiert ass, doduerjer am Fong säi Matsproocherecht verléiert, well mer keen Droit de recours virgesinn en matière disciplinaire. Dat gëllt besonnesch fir Leit mat laange Strofen, déi doduerjer gradesou vill kënne leide wéi duerch hir Haaptstrof.

Eng allerlescht Remarque, an da kommen ech zum Schluss: Ech freeë mech, an ech hoffen, dass ech d'Geleeënheet kréien, op dëser Tribün deen nächste Rapport annuel vum Médiateur mat kënnen ze diskutéieren an op seng eege Suggestiounen anzegoen, déi zu dësem Rapport nach net gehéieren, well se am Laf vun dësem Joer gebuer sinn, an zwar iwwert d'Médiation en milieu hospitalier.

Dat gehéiert leider net zum Bericht vum leschte Joer, dat gehéiert zu deem nächste Joer, well et dëst Joer am Fong an d'Welt gesat ginn ass. Ech hoffen, dass ech ka mam heitege Médiateur an enger nächster Legislatur iwwert dëse speziellen Aspekt weiderdiskutéieren.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Madame Err.

(Interruption)

Jo, déi Hoffnung, déi Der zum Ausdrock bruecht hutt, déi hege méi Leit heibannen. Ech mengen, dat ass och legitim.

Den honorabelen Här Mehlen huet elo d'Wuert.

M. Robert Mehlen *(ADR)*.- Merci, Här President. Ech mengen, iwwert d'Noutwendegkeet an d'Nëtzlechkeet vun der Institutioun vum Ombudsmann brauche mer net méi laang ze diskutéieren, déi ass entretemps bewisen. Seng Rapporte weisen eis ëmmer erëm, wéi noutwendeg et ass, datt mer de Fonctionnement vun eise Ministèren, Verwaltungen, awer och um Gemengenniveau iwwerpréiwen an entspriechend Verbesserungen am Intérêt vun de Bierger virbréngen.

Et kommen Défaillancen am Service public vu verschiddenster Natur zum Virschäin. Ech wëll virop eng allgemeng Considératioun stellen. Dat ass déi, datt et fir de Fonctionnement vun engem Stat, fir d'Akzeptanz vun engem Stat immens wichteg ass, datt eng gutt Relatioun tëschent dem Stat sengen Administratiounen, de Gemengen an dem Bierger besteet.

De Respekt vum Bierger vis-à-vis vum Stat kann nëmmen dann zum Droe kommen, wann och de Stat vis-à-vis vun de Bierger deen néidege Respekt erkenne léisst.

Här President, de Médiateur gëtt senger Roll als Lëtzebuerger Knoutermann - ech fannen dat en immens flotten Ausdrock - gerecht. Dat Kompliment muss een him ausspriechen, well all Kéiers dann, wann en heihinner an d'Chamber kënnt, fir säi Rapport virzedroen, da schwätzt en e ganz däitleche Langage, an dat ass och gutt esou.

D'Ursaache si ganz dacks, wa mer vu staatlechen Administratioune schwätzen - ech wäert mech a menger kuerzer Interventioun dorop limitéieren -, e Manktem un Accessibilitéit, un Hëllefsbereetschaft, Déngschtleeschtungsbereetschaft, un Transparenz, awer och u Rapiditéit an der Ofwécklung vun den Affären.

D'Réforme administrative ass hei am Land en Dauerbrenner, soulaang wéi ech mech kann zréckerënneren. D'Politik mécht permanent Efforten, fir Prozeduren ze vereinfachen a fir se ze straffen.

Mä ech widderhuelen do eppes, wat ech scho méi dacks vun dëser Plaz aus gesot hunn: All Reformen, déi mer maachen um legislative Plang, um reglementaresche Plang, kommen net zum Droen, wann d'Acteuren um Terrain, wann d'Beamten, déi domadder concernéiert sinn, net matspillen.

Duerfir ass an eisen Aen, an den Ae vun der ADR d'Recommandatioun 34 - a wéi gesot, ech wäert mech dorop limitéieren - iwwert d'Aféierung vun engem Code de bonne conduite eng ganz zentral a ganz wichteg Recommandatioun.

De Médiateur mécht eng ganz Partie Propositiounen doran, déi engem, wann ee se liest, normalerweis als selbstverständlech virkommen. Ech huelen déi dräi Kapitele ganz kuerz duerch.

Dat Éischt - dat ass eigentlech de Kapitel dräi a sengem Rapport oder a senger Recommandatioun - geet iwwert d'Accessibilitéit, den Accueil an den Devoir d'information. Mä mir wëssen, datt sech do nach net ganz villes geännert huet. D'Accessibilitéit vum Service, ech mengen, wann do geschriwwe gëtt, datt de Beamte wierklech muss während deene Stonnen, wou dat indiquéiert ass, zur Verfügung stoen, datt e muss accessibel sinn, da mengt ee jo, dat misst eigentlech eng Selbstverständlechkeet sinn. Mä mir sinn, mir wëssen dat och, am Moment nach wäit dovun ewech.

D'Frëndlechkeet an d'Hëllefsbereetschaft, wann ee Problemer an engem Dossier huet, fir engem virunzehëllefen esou, wéi dat an engem gudden Déngschtleeschtungsbetrib ass, dat misst eng Selbstverständlechkeet sinn. Datt een déi zoustänneg Persoun identifizéiere kann, datt ee weess, déi Persoun ass fir mäin Dossier zoustänneg, misst eng Selbstverständlechkeet sinn.

Dat Kapitel duerno, d'Instruktioun vum Dossier, datt een en Accusé de réception kritt. Wéi dacks héiert een, datt iwwerhaapt keng Réckmeldung kënnt. Och dat, mengen ech, misst eng Selbstverständlechkeet ginn. Datt ee weess, wien de Responsabelen ass. Datt den Dossier, wann en un déi falsch Adress gaangen ass, automatesch weidergereecht gëtt, datt en net einfach zréckgeschéckt gëtt mat der Remarque, et ass halt un déi falsch Adress gaangen. Sou misst de Service public fonctionnéieren.

Wann en Dossier net komplett ass, datt een dann eng prezis Informatioun doriwwer kritt, wat ee muss ënnerhuelen, fir e komplett ze maachen. Datt d'Sprooch respektéiert gëtt, déi ee gebraucht. Datt en Délai raisonnable muss agehale gi vun dräi Méint. Mir hate gëschter Owend nach d'Diskussioun doriwwer, ob een da wierklech soll op de Wee goen, datt, wann no dräi Deeg keng Äntwert kënnt,…

(Interruption)

…no dräi Méint keng Äntwert kënnt, datt dann dat soll esou considéréiert ginn, wéi wann déi Demande accordéiert wär.

Datt dee Berteffende sech soll kënnen explizéiere virun der Prise de décision, wann en dat freet. Datt Drëtt, wa se betraff sinn, déi vläicht keng Ahnung dovun hunn, doriwwer informéiert ginn.

Dann d'Prise de décision selwer: Selbstverständlech muss déi geholl ginn am Respekt vum Prinzip vun der Legalitéit, och vun der Gläichheet - datt ee wéi deen aneren d'selwecht behandelt gëtt -, der Proportionalitéit. Datt d'Kritären objektiv sinn. Datt d'Motivatioun vun der Décisioun kloer an däitlech zum Droe kënnt. Datt, wann en Iertum passéiert ass, een deen Iertum zougëtt an net probéiert, en ze vertuschen. Datt e redresséiert gëtt an datt och eng Entschëllegung ausgesprach gëtt.

D'Obligatioun fanne mer doran erëm, fir dem Médiateur all Dokumenter zoukommen ze loossen, déi hien als néideg ugesäit. Och dat, géif ech mengen, misst eng Selbstverständlechkeet sinn. Ech ginn emol dovun aus, datt et net ëmmer de Fall war, wann dat dann elo esou drasteet.

Här President, mir mussen hei als ADR eist Bedaueren zum Ausdrock bréngen, datt d'Regierung nach net op dës Recommandatioun reagéiert huet. Mir wëllen awer och soen, datt de Code de bonne conduite eent ass, d'Duerchsetzung dovunner an der Praxis en anert. Wéi een dat wëllt maachen, ech mengen, do musse mer eis Gedanken doriwwer maachen.

Mir si jiddefalls ganz derfir, datt dat do emol eng Kéier an eng reglementaresch Form gefaasst gëtt. An da muss ee sech effektiv Moyenen afale loossen, datt dat dann och wierklech zum Droe kënnt.

Ech erënneren dorun - et ass och net fir d'éischte Kéier vun dëser Plaz aus -, datt de Statsminister Jean-Claude Juncker an enger Debatt, déi mer 1999 hei haten no der Affär vun den Dysfonctionnementer an der Santé, sech batter - an ech géif e gär hei zitéieren, wann ech Zäit hätt -, batter doriwwer beklot huet, datt d'Regierungsmembere kee Moyen hätten, zouzegräifen op Statsdénger, déi hirer Aarbecht net esou nokommen, wéi dat ze wënsche wär.

En huet hei wierklech bal Krokodilstréine gekrasch, datt kee Moyen wär, an en huet reklaméiert, et misst e Ministergesetz kommen, wat d'Responsabilitéite géif festleeën, datt de Minister net all Kéier kéint opgehaange ginn, wann d'Beamten eppes falsch gemaach hunn, mä op där anerer Säit, datt de Minister awer och eng Méiglechkeet huet, fir ze intervenéieren, wann eppes net esou fonctionnéiert, wéi et sollt.

Ech hunn e virun e puer Méint hei an enger Question orale dorop ugesprach - dat si jo elo ëmmerhin zéng Joer hier -, an en huet mer gesot, hie geséich no reiflecher Iwwerleeung keng Méiglechkeet, fir esou e Ministergesetz eranzebréngen, well e wierklech net wéisst, wéi en dat sollt upaken.

Ech stellen dann do fest, d'Kapitulatioun vun dem aktuelle Statsminister a vläicht dann och vu senger ganzer Regierung virun deem Problem.

Ech wëll awer och soen, datt d'Politik muss mam gudde Beispill virgoen. Et kann een net vun de Statsdénger verlaangen, datt se optimal fonctionnéieren esou, wéi mir eis an d'Leit dobausse sech et alleguer wënschen, wa mir net selwer als Politiker mam gudde Beispill virginn.

Ech kommen dobäi bei d'Nominatioun vu Leit op führende Poste bei Stat a Gemeng, an zwar no objektiv novollzéibare Kritären - dat ass jo och eppes, wat hei zum Virschäi kënnt -, an net no Parteikaart. Et muss objektiv sinn, déi Décisioun, an et muss transparent sinn, woufir se esou geholl ginn ass.

Mir hunn elo grad vun der Madame Err héieren ähnlech Wierder, wat d'Nominatioun vu Magistraten ubelaangt.

Ech erënneren hei dorun, datt mer hei an der Chamber e ganz miserabelt Exempel presentéiert kritt hunn, wou e fréiere Kolleeg, deen hei souz, seng Nominatioun als Direkter vun enger Schoul schonn hat, sécher an der Täsch hat, an dunn dee Posten eréischt öffentlech ausgeschriwwe ginn ass, wat zu engem öffentleche Protest vun de Proffen aus där Schoul gefouert huet. Dat kann een an den Zeitungen noliese vun där Zäit.

Sou kann et net sinn! Da kënne mer net vun de Beamte verlaangen, datt si selwer sollen optimal fonctionnéieren.

Genausou schlëmm war et, datt hei e Projet de loi erabruecht ginn ass oder an engem Projet de loi Bestëmmunge festgeschriwwe gi sinn, fir engem anere politesche Personnage eng Direkteschplaz zouzeschousteren, fir déi en net d'Qualifikatioun hat. Och dat kann net sinn!

Ech wëll hei dorun erënneren, datt fäegt Führungspersonal an de staatlechen Administratiounen déi alleréischt Viraussetzung ass, fir datt et gutt fonctionnéiere kann. Datt déi Leit kompetent sinn, datt se capabel sinn, mam gudde Beispill virzegoen, dat ass dat Alleréischt, wann een e Betrib wëllt gutt féieren. Datt e gutt Betribsklima muss do sinn, datt deen eng staark Personalitéit ass, déi och capabel ass, hir Leit ze luewen, wa se eng Aarbecht gutt maachen. Luewen ass en immens wichtegt Element doran. An datt se och capabel ass, Verbesserungsvirschléi, déi vun ënnen erop kommen, unzehuelen.

Den Hans Leyendecker, deen an Däitschland e ganz renomméierte Mann ass, wat d'Recherche vu Korruptioun ubelaangt, seet, datt de Postenschacher no Parteibuch déi schlëmmste Form vu Korruptioun an engem Stat ass an och déi schlëmmste Form, an där een de Stat schiedege kann.

Duerfir wëll ech nach eng Kéier rappeléieren: D'Politik muss fir d'alleréischt mam gudde Beispill virgoen, ier se vun de Beamte verlaangt, datt si d'selwecht solle fonctionnéieren.

Ech wëll ofschléissend, Här President, dem Rapporteur Merci soe fir seng Aarbecht a mech senge Wierder uschléissen, wou e gesot huet, datt d'Oppositioun eigentlech méi dacks sollt Presidentschafte vu Kommissiounen iwwerhuelen. Dat géif och vläicht zu méi enger grousser Onofhängegkeet vum Parlament vis-à-vis vun der Regierung bäidroen.

Ech soen lech domadder Merci.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Mehlen. Den Här Jaerling huet d'Wuert nach gefrot.

M. Aly Jaerling *(Indépendant)*.- Merci, Här President. Dem Rapporteur och Merci fir säin ausféierleche Rapport, an ech mengen, och de Kolleegen alleguer virdrun, déi all déi Themen ugeschwat hunn, déi ech am Fong elo hei an zwou Minutten hätt missen iwwert d'Bühn bréngen. Ech hätt dat zwar gepackt, mä bon, ech soen hinnen awer Merci, dass se dat a menger Plaz gemaach hunn.

Ech wëll just kuerz soen: Wann iwwerall, wéi dat beim Médiateur de Fall ass, an der Regierung an och an den Institutiounen dee richtege Mann op der richteger Plaz wier, ech mengen, da bräichte mer eis an dësem Land keng Gedanke méi ze maachen an da wier déi Diskussioun hei och iwwerflëssig.

Ech wëll just nach bäifügen, mir hunn een nationale Médiateur, mä menger Usiicht no huet jo dat Instrument sech bewährt, an et wär net schlecht, wann een dat kéint och eventuell um Gemengeplang weider ausbauen, awer net esou, dass d'Médiateuren da Leit aus dem Schäfferot sinn, mä och dat missten dann do neutral Leit sinn, wou d'Leit am Fong fräi, esou wéi se dat beim nationale Médiateur maachen, kéinten hir Suergen hindroen, ouni Angscht ze hunn, dass se iergendwéi Répercussiounen…

(Interruption)

Gelift?

Une voix.- Dat wier eng gutt Plaz fir lech, Médiateur!

M. Aly Jaerling *(Indépendant)*.- Neen, ech sinn net objektiv genuch. Do muss een…

M. le Président.- Här Haupert, provozéiert elo net!

(Interruptions diverses)

M. Aly Jaerling *(Indépendant)*.- Do muss een Takt a Fäigefill hunn, an ech si jo awer éischter e bëssen als Ruppi bekannt. Also, ech wär vläicht do net dee richtege Mann.

(Interruptions)

Une voix.- Dir hutt eng schlecht Meenung vun lech.

M. Aly Jaerling *(Indépendant)*.- Jo, ech kenne mech vu klengem un, duerfir kann ech jo awer eng Meenung iwwer mech äusseren, gell.

Ech géif op jidde Fall soen, dass awer dat Instrument, wat jo awer hei vu jiddwerengem guttgeheescht gëtt, gutt fonctionnéiert. Dat ass nëmmen ze begréissen, an ech hoffen, dass dat och an Zukunft weider esou wäert fonctionnéieren.

Ech soen lech Merci.

M. le Président.- Voilà, Dir Dammen an Dir Hären, domat ass d'Debatt ofgeschloss.

Ier ech dem Här Minister Wiseler d'Wuert ginn, wollt ech vun dëser Plaz aus dem Médiateur, dem Här Marc Fischbach, Merci soen, dass en dëst Joer wéi all déi aner Joren dorop gehalen huet, fir eisen Debatten hei bäizewunnen. Dat weist, wéi en héije Stellewäert hien der Meenung vun der Chamber zoumoosst, an och de Stellewäert, deen hien de Relatiounen tëschent der Chamber a senger Institutioun bäimoosst.

Nach enger Kéier Merci, Här Médiateur!

Dann huet den Här Minister Wiseler d'Wuert.

M. Claude Wiseler, *Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative*.- Ganz kuerz, Här President. Ech wëll just soen, datt ech frou sinn, datt iwwert d'Parteien eraus hei dem Médiateur eng exzellent Aarbecht zougeschriwwe gëtt.

Ech soen och Merci fir déi Aarbecht, déi an der Petitiounskommissioun respektiv an anere Kommissiounen op eng ganz konstruktiv Aart a Weis gemaach ginn ass.

Et si vill Recommandatiounen ausgeschwat ginn. Et sinn der vill bei lech hei an der Chamber diskutéiert ginn. Et sinn der och vill vun der Regierung schonn ëmgesat ginn. Eng Rei sinn der nach net ëmgesat ginn. Do ass amgaangen, dru geschafft ze ginn.

Eng Rei sinn nach net ëmgesat ginn, well de Problem zwar schonn erkannt ginn ass, mä well heiansdo aner Weeër gesicht ginn, fir dem Problem bäizekommen. Anerer, well technesch Schwieregkeete bei der Ëmsetzung sinn.

Ech wëll och mengersäits bäifügen, iwwert déi Relatiounen, déi ech konnt säit enger Rei Jore mam Médiateur hunn, well ech als Fonction-publique-s-Minister selwer direkt concernéiert si fir en Deel vun deene Recommandatiounen, datt mer ëmmer eng gutt Zesummenaarbecht haten an exzellent Relatioune konnte mam Médiateur hunn.

Ech wëll och keng weider Remarque maachen iwwert deen Débat d'orientation hei vun der Chamber. Just op zwee Punkte kuerz eng Äntwert ginn, well ech direkt gefrot gi si respektiv dorop ugesprach gi sinn.

Dat Éischt, dat ass déi Fro, déi d'Madame Brasseur iwwert d'Caisse nationale des prestations familiales an d'Personalbesetzung ugeschwat huet. Dofir ass kloer d'Ausso ze ginn, dat selbstverständlech d'CNPF déi Renforcementer wäert kréien, fir déi d'Regierung sech engagéiert huet, datt et awer net dorëm geet, fir x Posten einfach bei enger Administratioun esou bäizesetzen, mä datt e grousst Renversement vun enger Administratioun och eng ganz Rei Organisatiounsfroe stellt, eng ganz Rei Rekrutementsfroen, eng ganz Rei Ausbildungsfroe stellt, déi et gëllt ze léisen, fir dee Rekrutement an déi zousätzlech Ausstattung vun där Administratioun och effikass ze maachen. Einfach esou Leit bäizesetzen, huet kee Sënn. Et muss ee se do bäisetzen, wou d'Administratioun se brauch, an et muss een déi richteg bäisetzen, fir datt d'Administratioun och kann effikass weiderschaffen. Dat si mer amgaang ze maachen.

Zweet Fro, déi vun der Madame Brasseur respektiv och vun anere Kolleegen ugeschwat gi war, dat ass déi vum Code de bonne conduite. De Médiateur huet do en exzellente Code de bonne conduite mat enger ganzer Rei vu Prinzipië geschriwwen. An der Fonction publique am Haus ass dat och mat ganz vill Suergfalt Punkt pro Punkt gekuckt ginn.

Mir sinn zu zwou Konklusioune komm. Éischtens, datt quasiment sämtlech Punkten, déi do drastinn, selbstverständlech mussen zu enger Léisung kommen a selbstverständlech mussen och ëmgesat ginn an engem Pabeier, datt mer awer déi Ëmsetzung vläicht besser hätten net an engem Code de bonne conduite mat all deene verschiddene Recommandatiounen ze maachen, well hei geet et ëm Recommandatiounen, déi souwuel d'Accessibilitéit, den Accueil, den Devoir d'information wéi d'Instruktioun vun den Dossiere wéi deontologesch Froe wéi aner Froe vum Fonctionnement vun der Regierung uginn, sou datt mer dat a verschiddene Weeër uginn.

Deen éischten, dat ass dee vun der Hierstellung vun engem Code de déontologie. Dee Code de déontologie mat all deene Froen, wat deontologesch Froe sinn, wäert och wahrscheinlech en anere Stellewäert kréie juristesch gesinn, well e sech kann ophänken op dem Statut vum Fonctionnaire, an deem Moment eng Explikatioun vum Statut hunn an och eng Obligatioun huet, fir musse respektéiert ze ginn, well en eng Base légale duerch de Statut ka kréien.

Do hate mer net méi spéit wéi de 6. Abrëll an der Commission de l'exécution budgétaire schonn eng länger Diskussioun iwwer e puer wesentlech Punkten, déi an dee Code de déontologie mussen drakommen.

Ech wëll lech just soen, datt eng ganz Rei Froen och do net ganz evident sinn, well se juristesch Konsequenze kënnen hunn, déi mer ugefaangen hu mat der Chamber ze diskutéieren.

Déi zweet Aart a Weis, wéi eng Rei aner Punkte vun deem Code de bonne conduite kënnen eriwwergeholl ginn, dat ass d'Ausschaffe vu Chartes d'accueil fir déi eenzel Administratiounen. Mir mengen, datt et e Grondsockel vu Prinzipië gëtt, déi beim Accueil vu jiddwer Administratioun selbstverständlech musse respektéiert ginn, mä datt et do hannendrun och nach eng Rei Punkte gëtt, déi vun Administratioun zu Administratioun verschidde kënne sinn. Verschidden Administratiounen, well hir Instruktiounsdélaie méi kuerz sinn, kënne soen, mir äntwerten a 14 Deeg. Verschidden Administratioune mussen awer en Délai vun zwee, dräi Méint kënnen hunn.

Duerfir menge mer, datt et méi sënnvoll wär, an dat hu mer amgaang mat verschiddenen Administratiounen - et ass elo eng, déi esou wäit ass, fir fäerdeg ze ginn -, fir e Beispill vun enger Charte d'accueil hinzesetzen, wou et kloer ass, wat fir eng Rechter de Bierger huet, wat fir eng Obligatiounen d'Administratioun par rapport zum Bierger huet.

Op deenen zwee groussen Deeler, mengen ech, datt mer 90 bis 95 Punkte vun deenen eenzelnen, déi am Code vum Médiateur opgezielt sinn, kënnen op eng effikass Aart a Weis ëmsetzen, an dorëms geet et jo.

Ech soen dem Médiateur Merci fir déi Aarbecht, déi e gemaach huet. Mir hate schonn eng Rei Diskussiounen doriwwer. Ech fannen, datt dat heiten elo e gudde Wee ass, fir dat an d'Realitéit ëmgesat ze kréien.

Dat waren déi puer Punkten, déi ech wollt nach als Prezisioun elo dobäi bréngen.

M. le Président.- Merci, Här Minister. Domadder, léif Kolleeginnen a Kolleegen, si mer um Enn vun eisen Aarbechte vun haut de Moien ukomm. Mir gesinn eis haut de Mëtteg um hallwer dräi erëm.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 11.46 heures)

Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens:
Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuerger Journal,
Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek

Contenu rédactionnel:
Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Conception, saisie de texte et mise en page:
Polygraphic Communication SA, Differdange

Concept et coordination générale:
BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

- L'actualité parlementaire sur **www.chd.lu**
- Retrouvez vos députés, tous les textes. législatifs et documents parlementaires, les émissions «Chamber aktuell» et les vidéos des séances publiques sur **www.chd.lu**.
- La Chambre et les jeunes: si tu as entre 12 et 25 ans, consulte nos pages 'Junior' sur **www.chd.lu**, avec quiz, information et vidéo.
- L'actualité parlementaire vous intéresse? Consultez le site de la Chambre **www.chd.lu**.
- Comment est créée la loi? Toutes les explications en texte et en images, sur **www.chd.lu**.
- De la première assemblée parlementaire de 1841 à la Chambre des Députés d'aujourd'hui: retrouvez l'histoire parlementaire sur les pages «organisation et fonctionnement» de la Chambre des Députés.

Chambre des Députés
LUXEMBOURG

www.chd.lu